Mir begréissen an ënnerstëtze selbstverständlech déi Motioun vun den Häre Mosar an Angel. Déi Motioun ass eng Drëps op de waarme Stee vum Ohnmachtsgefill, wat mer hu vis-à-vis vun de schrecklechen Zoustänn a Syrien.

Jo, mir si bereet, Suen zur Verfügung ze stellen engersäits fir Aide humanitaire directe, anersäits och fir den Opbau, wann erëm un en Opbau ze denken ass.

Si mer dann och bereet, weider Flüchtlingen opzehuelen, wa mer, wéi den Här Mosar gesot huet, an déi traureg Ae kucken? Wat ziele mer eise Kanner, wa mer dat net maachen? Kommt, mir loossen eis net dovun ofhalen, mënschlech ze denken an ze handelen, och wann Terroriste sech ënnert déi Leit mëschen, déi op der Flucht sinn!

Jo, kommt, mir dokumentéieren, wat a Syrien geschitt! Och wann Aleppo eis zweifelen a verzweifele léisst, ob de Mënsch fäeg ass, aus der Geschicht ze léieren, da menge mer awer, datt mer d'Hoffnung net däerfen opginn, eng Kéier Kloerheet an deem Drama ze kréien. Fir datt an Zukunft d'Grausamkeet, d'Mënscherechtsverletzungen an d'Krichsverbrieche kee Persilschäi kréien, musse mer dokumentéieren, fir datt déi Generatiounen no eis kënne jugéieren an eventuell korrigéieren. Eis Generatioun schéngt dat jo net fäerdegzebréngen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir deelen als ADR selbstverständlech all déi humanitär Suergen a mir leiden am Geescht mat deenen, déi dohannen an der Nout sinn. Mir soen och dowéinst dem Här Mosar an dem Här Angel an all deenen, déi matgehollef hunn, dësen Text opzesetzen, Merci fir deen Effort. Et ass ganz wichteg.

An deem onendlech ville Leed, wat mer a Syrien hunn, musse mer selbstverständlech d'UNO ënnerstëtzen. An ech sinn och frou, datt Lëtzebuerg do en Effort mécht. Deen Effort soll och grousszügeg sinn a bleiwen an de Besoinen entspriechen, déi op der Plaz sinn. A mir solle selbstverständlech dat humanitäert Vëlkerrecht ënnerstëtzen.

Firwat ass dee Krich a Syrien? Och dat musse mer eis ëmmer froen. En ass net nëmmen e Biergerkrich, dat ass e vläicht ëmmer manner. Et ass e Krich ëm Uelech, et ass e Krich ëm den Tracé vu Pipelinen an där Regioun. Et ass eng Décisioun, déi geholl ginn ass, nodeem de President Assad décidéiert huet, wie wéi eng Pipelinen duerch Syrien däerf bauen a wien net.

Et gëtt vill aner regional Akteuren. Den Här Graas huet der e puer opgezielt. Et gëtt d'Tierkei, mat där mer jo den 10. Märerz e Sommet hunn, déi do hire Problem mat de Kurden oder territorial Usprëch wëllt duerchsetzen. Et gëtt anerer. Den „regime change" ass och esou eng Saach, déi Doktrinn vum „regime change", wou jo an engem Kader vun engem „wider Middle East" gedreemt gouf, fir Diktatoren duerch Demokratien an där Géigend ze ersetzen. D'Resultat gesi mer! Mir gesinn et am Irak, mir gesinn et a Libyen a mir gesinn et elo a Syrien.

An dowéinst ass et och interessant, fir ze gesinn, wéi déi nei amerikanesch Administratioun hir Attitüd zu der Doktrinn vum „regime change" bäibehält oder wiesselt - anscheinend jo wiesselt.

Mir mussen eis rappeléieren, datt mer Sanktioune géint Syrien a Kraaft hunn, Sanktiounen, ënnert deenen och d'Zivillbevëlkerung leit an déi och derzou bäidroen, datt Flüchtlingen an Europa komm sinn. Bei der Tierkei wëlle mer keng Sanktiounen huelen. Beim syresche Vollek hu mer Sanktioune geholl!

An et ass natierlech de Kampf géint den Terrorismus, den Islamesche Stat, eng erbäermlech Mäerderband, déi och elo erëm eng Kéier zu Berlin gewisen huet, wéi se ass.

Aleppo ass awer och eng Plaz vu ganz vill - wéi a ville Kricher, wou d'Wourecht ëmmer dat éischt Affer ass -, eng Plaz vu vill Propaganda, an et muss ee ganz gutt Uecht dinn, fir ze wëssen, wat ee seet a wiem ee wéi eng Reprochë mécht.

Ech halen op, well ech héieren, datt den Här President mech un d'Zäit erënnert. Dofir wëll ech mat engem Saz ophalen. Mir mussen eis och iwwerleeën, ob mer net an en duebele Standard eraginn: ob mer net higinn an den Ënnerscheed maachen, terminologesch, tëschent deene gudden Terroristen, dat sinn eis, an deene béisen Terroristen, dat sinn déi aner.

Ass et net och eng Schan fir eis, datt mir als Westen, als Natiounen, déi un Demokratie a Mënschewäerter gleewen, mat engem Sammelsurium vun, wa mäi lescht Ziele stëmmt, 17 verschiddene Mouvementer zesummeschaffen an zesummekämpfen, vun deenen der eng Partie net besser si wéi de Regimm vum President Assad, duerch déi mer keng Verbesserung fir dat syrescht Vollek géife kréien oder hierféieren, wa se da géifen un d'Muecht kommen?! An al-Nusra oder al-Sham gehéieren och dozou. Ech mengen, och eis Glafwierdegkeet steet an der Wiel vun eisen Alliéierten a Syrien um Spill.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An als leschte Riedner hunn ech den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech maachen et kuerz: zwou Minutten. 2011 ass et u sech wierklech lassgaange mat der Revolutioun an Tunesien, eng Revolutioun, déi sech géint e Regimm adresséiert huet, dee laang Zäit och ganz gutt befrënnt war och mat Lëtzebuerg a mat Europa. Ech ka mech souguer nach erënneren - deemools war ech Journalist, an Tunesien ass e Land, wat ech och e bësse kennen aus perséinleche Grënn -, datt eng Woch virdrun eng Visitt annoncéiert war, eng Woch ier d'Revolutioun lassgaangen ass, an an engem Pressecommuniqué ass dee Regimm als e Modell duergestallt ginn.

Et ass duerno weidergaangen an Ägypten, et ass duerno weidergaangen a Libyen. Do ass et schonn e bëssen degeneréiert: Do huet misse bombardéiert ginn. Et ass och weidergaangen a Syrien. All Kéiers waren et Mënschen, déi sech opleene géint Autokratien, géint Kleptokratien, géint Regimmer, déi si selwer ausbeuten. De Problem ass duerno: Ech hunn e Problem domadder, wa gesot gëtt, datt mir - an et ass oft gesot ginn an deene leschte Wochen, wat Aleppo ugeet -, datt mir schold sinn, mir näischt gemaach hunn an esou weider.

Ech mengen, d'Bevëlkerungen an Europa, sief et zu Lëtzebuerg, sief et a Frankräich, an Däitschland, an Italien, déi sinn net schëlleg fir dat, wat do geschitt, fir déi Massakeren zu Aleppo, fir déi Massakeren a Syrien. Si hunn déi Décisioun ni geholl! An ech gi souguer dovunner aus, wann d'Leit méi ze soen hätten, da wiere mer net an esou enger Situatioun.

De Problem ass awer deen, datt déi ganz Regioun zum Spillball gëtt vu Muechtspiller tëschent Russland an dem Westen. A mir hunn déi eng an déi aner ënnerstëtzt, et ass scho gesot ginn. A mir wësse ganz genau, wat fir e Spill do gespillt gëtt. An et sinn ëmmer déiselwecht, déi drënner leiden, dohannen op der Plaz, d'Zivilisten zu Aleppo, an och hei, natierlech glécklecherweis net an deemselwechte Mooss, mä och hei Zivilisten, déi net derfir kënnen, zu Paräis oder wéi dës Woch elo nach zu Berlin.

Ech wëll och nach drun erënneren, well et muss een oppasse mat der Selektivitéit: Et däerf ee keng Selektivitéit op kenger Säit maachen an deem ganze Konflikt op dëser Säit. An et däerf een och net erënneren (veuillez lire: vergiessen), datt zurzäit och am Jemen 10.000 Leit schonn ëmkomm sinn, well Saudi-Arabien de Jemen bombardéiert, op eng grausam Aart a Weis! Doriwwer gëtt awer e bësse manner geschwat. Ech verstinn dat net! Ech hoffen, datt ech net verstinn!

An ech stelle mer och d'Fro, ob iwwerhaapt..., well ech sinn der Meenung, datt den Här al-Assad wierklech och sech muss verantworte fir dat, wat e mécht.

Une voix.- Ech och!

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Och Leit am Weste musse sech verantworte fir dat, wat se maachen. A vläicht, ech mengen awer och, datt de Kinnek vu Saudi-Arabien sech misst verantworte fir dat, wat e mécht, an och als Krichsverbriecher misst behandelt ginn. An ech géif och gäre wëssen, wéi eis Regierung dozou steet.

Ech soen Iech Merci. Mä mir wäerten awer déi Motioun natierlech mat ënnerstëtzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet direkt den Här Ausseminister, den Här Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat Aleppo ugeet, huet jo de Sécherheetsrot endlech de leschte Méindeg eng Resolutioun eestëmmeg ugeholl, fir d'Evakuatioun vun der ziviller Bevëlkerung an och vun de Rebellen ze erméiglechen. Dir wësst, dass et regelméisseg Blocagë gi sinn, mä et sinn awer elo zënter gëschter 25.000 Leit an enger Woch evakuéiert ginn. An ech si mat all deenen an der Chamber d'accord, déi soen: „Et muss der internationaler Communautéit esou vill wäert sinn, dass Drock gemaach gëtt, dass déi Evakuatioun friddlech an och sécher duerchgefouert gëtt."

D'Madamm Karolina Markiewicz, dat ass eng ganz engagéiert Persoun an der Société civile zu Lëtzebuerg, huet dee richtege Flair gehat, fir alles ze maachen, fir de gewielte Buergermeeschter vun Aleppo, wann ech esou däerf soen, den Här Brita Hagi Hassan, d'lescht Woch och op Lëtzebuerg ze invitéieren. A vill vun eis haten d'Geleeënheet, och mat him ze schwätzen.

Ech mengen och, dass dat Wuert vum „humanitären Ultimatum", wat jo aus där Visitt do erauskomm ass, och den Temoignage vum Dokter Pitti, dass dat extrem aflossräich war an dass den Echo vun deem, wat gesot ginn ass, souwuel zu Lëtzebuerg wéi natierlech och deen aneren Dag zu Bréissel, Echoe fonnt huet zu New York. An ech géif souguer dovunner ausgoen, dass ech net falschleien, dass déi Resolutioun, och d'Unanimitéit, ganz vill mat sengem Engagement ze dinn huet.

Esou schlëmm d'Situatioun awer, Här President, zu Aleppo ass a bleift, trotz der Evakuatioun, däerfe mer net vergiessen, dass Aleppo a Syrien keen Eenzelfall ass. D'Belagerung, d'Bombardementer an aneren Deeler vun deem Land, déi gi virun. An déi katastrophal humanitär Situatioun ass jo e Symptom, mä d'Krankheet ass de Krich an och d'Ofwiesenheet vun engem politesche Prozess. An duerfir ass ze hoffen, dass no deem, wat zu Aleppo méiglech war, tëschent dem Regimm an der Oppositioun erëm d'Basis geschaaft gëtt, fir dass am Sënn vun deem Communiqué vu Genève vun 2012 erëm Gespréicher kënne stattfannen.

Ech mengen, dass awer déi Wafferou, déi dës Deeg tëschent Russland, der Tierkei an dem Iran zu Moskau jo och diskutéiert ginn ass, fir kënnen déi humanitär Moossnamen esou séier wéi méiglech och ëmzesetzen an d'Leed vun der Zivillbevëlkerung erofzesetzen, dass dat e wichtegt Signal ass. D'Wafferou tëschent dem Regimm an der net dschihadistescher Oppositioun allerdéngs bleift extrem schwiereg, wann och elo vläicht e klengen Hoffnungsschimmer do ass. Ech mengen, dass d'Russen, d'Tierken an d'Iraner och agesinn hunn, dass et wierklech keng militäresch Léisung gëtt.

Nun, den Assad spiert sech no Aleppo ganz dichteg, dat muss ee soen, an e gëtt sech jo och kämpferesch. An d'Gefor ass immens grouss, dass no Aleppo Idlib dat nämlecht Schicksal erlieft. An duerfir en Appell - ech mengen och am Sënn vun der Lëtzebuerger Chamber an der Lëtzebuerger Regierung -, dass keng international Kräften d'syresch Arméi ënnerstëtzen, fir zu Idlib en neit Aleppo dann opzeriichten!

E Grondproblem vun deem Konflikt ass jo weiderhin, dass et Partië gëtt, an zemool natierlech déi regulär Arméi vum Assad, déi nach ëmmer mengen, et kéint een de Konflikt militäresch gewannen. An dann ass d'international Communautéit, oder Syrien, wann ech esou däerf soen, tëschent dem Choix, entweder Assad oder d'Dschihadisten. An dat wier natierlech - tëschent zwou Tyranneie mussen ze décidéieren oder ze wielen - eng katastrophal Situatioun!

Also ech mengen, dass Länner, déi eng politesch, eng militäresch, eng ekonomesch Influenz hunn - Iran, Saudi-Arabien selbstverständlech, mä awer och Amerika a Russland -, mussen hei vill méi enk nach zesummeschaffen, fir dauerhaft och no Aleppo elo zu enger Konklusioun ze kommen.

Et wier och, mengen ech, Här President, op dëser Plaz net falsch, en Appell ze maachen un d'Tierkei, dass de Friddensprozess mat de Kurden erëm op eng aner Spur gesat gëtt.

Ech kommen elo mat mengen zwee Kolleegen aus dem Benelux aus Kurdistan. An a Kurdistan, wann ee 50 km vun Erbil ewech ass a Richtung Mossul, da gesäit een, dass d'Buedemtruppe vun der „global coalition", wat eng Koalitioun ass vun 83 Länner, dass eigentlech d'Buedemtruppe vun där „global coalition", an net nëmmen Dronen oder d'Bombardementer, mä dass dat d'Peschmergae sinn. An dat si Kurden! An duerfir, déi Kurden hunn als Missioun, d'Peschmergaen, ze verhënneren, dass d'Kämpfer an och virun allem déi Dschihadiste vu Mossul ganz séier elo op Raka kommen a Syrien an dann do selbstverständlech kënnen, wa se eng Kéier net méi am Irak wieren, hiert Onwiesen, hir Barbarei weiderféieren.

De Premierminister vun Irak huet eis och e Sonndeg gesot, dass et e ganz, ganz schwéiere Kampf ass ëm Mossul. Dee wier, wa géif operéiert gi wéi zu Aleppo, vläicht vill méi séier eriwwer. Mä dee kann nach Méint daueren, souguer vu sechs Méint ass geschwat ginn! An d'Verloschter fir d'Peschmergae sinn immens héich. Et gëtt vu 25% geschwat. Dat muss ee sech virstellen! Do si Kurden, déi duerch d'Bank Sunnite sinn, déi sech awer asetze fir eng sunnitesch Stad, déi awer an engem Land ass, wat schiitesch dominéiert ass, fir do trotzdeem erëm de Begrëff vun der Natioun, vun der irakescher Natioun héichzehalen!

Ech wëll vläicht, Här President, fir ofzeschléissen, awer ee Quäntchen Optimismus - et war vill Pessimismus an Äre Wierder an ech kann dat absolutt deelen -, e Quäntchen Optimismus erabréngen. An ech mengen, dass d'Resolutioun 2328, dat ass déi éischt eigentlech, politesch gesinn, déi no sechs Vetoe vu Russland matgedroe ginn ass, vu Russland an och dem Irak. A Russland an den Irak maachen Drock op den Assad, dat ass offenkundeg. D'Tierke maachen Drock op d'Rebellen. Dat kéint awer en Zeeche sinn, dass no sechs Joer Krich mer op eng aner Pist kommen.

An der Europäescher Unioun hu mer véier Grondprinzipien: Deen éischte Punkt ass Wafferou, deen zweete Punkt ass Ënnerstëtzung vun enger politescher Transitioun. Deen drëtte Punkt ass d'Respektéiere vun engem integrale Syrien, d'Integritéit vum syreschen Territoire däerf net a Fro gestallt ginn. An da selbstverständlech de véierte Punkt: d'Zerstéierung vun Daesh.

Ech wëll dem Här Mosar an dem Här Angel Merci soen. Ech wëll just dem Här Angel soen: Et ass net de Conseil de sécurité, dee beschäftegt ass mat där Resolutioun, fir ze kucken, wien, wat sinn d'Täter vun deene Verbriechen. Leider net! Mä et ass d'Assemblée générale an et ass eng Initiativ vu Liechtenstein, wou bis elo 45 Länner matmaachen, all Länner vun der Europäescher Unioun, selbstverständlech mir och. An dat wier e wichtege Punkt, wann dee Mechanismus kéint geschafe ginn, fir ze kucken herno, d'Leit och responsabel ze maachen.

Ech sinn iwwert d'Zäit, Här President, ech soen der Chamber Merci, an nach eng Kéier deenen zwee Auteuren, dem Här Mosar an dem Här Angel, fir déi Initiativ hei a mat alle Konklusiounen, déi Der gezunn hutt. D'Regierung ass op der Linn vun der Chamber!

Merci.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och, Här Ausseminister. Ech war bei deenen zwou Motioune bei der Riedezäit flexibel. Dat sinn, mengen ech, enorm wichteg Sujeten. A Merci och der Chamber fir déi Flexibilitéit bei allen - bei allen! - Orateuren.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen. Hale mer drop, fir et nominell ze maachen oder kënne mer et...?

Plusieurs voix.- Main levée.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Main levée. Ech géif mengen, dass et, esou wéi et ausgesäit, Unanimitéit tëschent alle Riedner gëtt. Da gesäit et och esou aus, dass et Unanimitéit an der Chamber gëtt.

Vote sur la motion

Déi derfir sinn, solle wann ech gelift dat mat engem Handzeeche weisen.

D'Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Mir hunn Unanimitéit. Ech mengen, dat ass och e staarkt Signal. Merci. Merci villmools, an hoffe mer, dass 2017 besser gëtt an där Regioun!

Mir géifen dann iwwergoen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour.

5. Ordre du jour

An och do wëll ech dem Aarbechtsminister an dem Rapporteur an de Riedner Merci soe fir d'Flexibilitéit, well de Projet war eigentlech eréischt fir de Mëtte geplangt. Et geet ëm d'Neiregelung vun der Aarbechtszäit an et ass e wichtege Projet. An de Rapporteur zum Projet, den Här Georges Engel, ass prett. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

6. 7016 - Projet de loi concernant l'organisation du temps de travail et portant modification du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mer dat neit PAN-Gesetz.

Laang gouf driwwer diskutéiert an u sech heescht et och guer net PAN-Gesetz. Et ass näämlech den «Projet de loi concernant l'organisation du temps de travail et portant modification du Code du travail». Et geet also ëm d'Aarbechtszäitorganisatioun an domadder betrëfft et jiddwereen: jiddwereen, dee schafft, awer och seng Famill, seng Frënn, alleguer déi, déi ronderëm hie sinn, well och seng Fräizäit domadder betraff ass. E Gesetz, wou d'Politik sech konkret, ganz konkret an dat alldeeglecht Liewe vu bal jiddwerengem hei am Land abréngt.

Erlaabt mer, e klengen Historique ze maachen. D'Gesetz geet zréck op d'PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999 iwwert d'Ëmsetzung vum Plan d'action national en faveur de l'emploi. An dat ass deemools am Kader gestëmmt gi vum extraordinären europäesche Sommet iwwert den Emploi, deen den 20. an 21. November 1997 zu Lëtzebuerg war an deen als Reaktioun op d'Uklamme vum Chômage organiséiert ginn ass. An et ass och am Kader vun engem Débat d'orientation an der Chamber den 13. November 1997 iwwert den Emploi un dësem Gesetz matgeschafft ginn.

D'Zil ass et, e Kompromiss ze fannen tëschent engersäits den Usprëch vun den Entreprisen, fir sech kënne méi flexibel ze organiséieren an esou besser op Variatioune vum Marché kënnen anzegoen, an anerersäits den Usprëch vun de Salariéen, fir zum engen eng Sécherheet ze hunn an zum anere besser kënnen Aarbecht a Privat- respektiv d'Familljeliewe mateneen ze vereinbaren.

Am PAN-Gesetz haut hu mer eng Referenzperiod vun engem Mount. Domat si mer wäit ënnert dem Maximum vun der europäescher Direktiv 2003/88, déi maximal véier Méint virgesäit, bliwwen. Hei sinn awer Derogatioune méiglech iwwert de Kollektivvertrag an iwwer Autorisation ministérielle.

D'Dispositiounen am PAN-Gesetz iwwert d'Aarbechtszäitorganisatioun waren zäitlech begrenzt a goufen am Laf vun de Joren och ëmmer erëm nees verlängert, eng Situatioun, déi iwwregens vum Statsrot regelméisseg dann och kritiséiert gouf.

Well d'Regelungen iwwert d'Aarbechtszäit, d'Referenzperiod an de Plan d'organisation du travail eigentlech keen total zefriddestelle konnten, gouf probéiert, en neie Kompromiss hei ze fannen. Zulescht gouf am Comité permanent du travail et de l'emploi, wou d'Sozialpartner un engem Dësch sëtzen, verhandelt, ouni awer dass eng Léisung fonnt konnt ginn, déi alleguer d'Säiten zefriddegestallt hätt.

Nach am Februar vun dësem Joer, de 24. Februar, hu mer och hei iwwert dat Gesetz geschwat. Et war am Kader vun der Debatt iwwert d'Organisatioun vum Marché vun der Aarbecht. An do hunn ech an dëser Debatt iwwert d'Flexicurity geschwat, d'Flexibiliséierung an d'Sécherheet matenee verbonnen, wou et, wéi och an der Kommissioun, eis drëms gaangen ass, dass et Gewënner op deenen zwou Säite soll ginn. De Boni, deen duerch méi flexibel Aarbechtszäiten erakënnt, soll och gedeelt ginn. An déi, déi dofir geschafft hunn oder schaffen, sollen och dofir belount ginn. U sech eng normal Prozedur.

Doropshin huet d'Regierung hir Responsabilitéit iwwerholl. Opgrond vun de verschiddene Positioune bei de Verhandlungen, déi do zum Ausdrock koumen, huet den Aarbechtsminister e Projet de loi ausgeschafft an den 21. Juli deen an der Chamber déposéiert. D'Zil vun deem Projet de loi ass en Équiliber tëschent, engersäits, der Demande vun den Entreprisen no méi Flexibilitéit ze fannen an, anerersäits, de Salariéen, fir deenen duerch dee Plus u Flexibilitéit eng Rei vun Avantagen a Sécherheeten ze bidden, déi sech fir si positiv auswierken, sief et op der Aarbecht oder sief et am Privaten.

Erlaabt mer, op e puer Detailer vun den Neierungen anzegoen.

Den Artikel 211-1 seet Folgendes: «Les dispositions du présent titre ont pour objectif d'assurer, d'une part, un bon fonctionnement des entreprises ainsi que le développement de l'emploi, et, d'autre part, et au même titre, la sécurité et la protection de la santé des salariés ainsi que de bonnes conditions de travail.» Inspiréiert ass deen Artikel och aus dem däitschen Arbeitszeitgesetzbuch.

Dat wëllt heeschen, wann eng Entreprise wëllt oder muss méi flexibel mat hiren Aarbechtszäite fonctionnéieren, da soll dat net zum Nodeel vun den Aarbechtskonditiounen, vun der Sécherheet a vun der Gesondheet vun de Salariëë geschéien. Dovunner hunn och d'Entreprisen eppes, well besser Aarbechtskonditioune wierke sech och positiv op d'Motivatioun an d'Gesondheet vun de Salariéen aus an domadder och op d'Produktivitéit vun der Entreprise.

Et wäert an Zukunft also méiglech sinn, fir d'Referenzperiod op véier Méint auszedeenen, mat awer, en contrepartie, zousätzlechem Congé fir de Salarié. Bei enger Referenzperiod tëschent méi wéi engem Mount an zwee Méint ginn et annerhallwen Dag Congé méi. Bei enger Referenzperiod tëschent méi wéi zwee Méint an dräi Méint ginn et dräi Deeg Congé méi. A bei enger Referenzperiod tëschent méi wéi dräi Méint a véier Méint ginn et dräi an en hallwen „Daach", Deeg Congé méi.

Entreprisen…

(Interruption)

En „Daach" als Iwwergang, voilà, jo, jo, genau.

Une voix.- 24 Stonnen….

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Entreprisen, déi am Moment mat enger Referenzperiod vun engem Mount fonctionnéieren an déi och dobäi bleiwen, fir déi ännert sech näischt. Déi, déi wëlle mat hirer Referenzperiod eropgoen, déi mussen dat am Kader vun enger Procédure d'information et de consultation maachen.

Fir Referenzperioden iwwer ee Mount gëtt et och nei Limitatiounen, wat déi maximal Aarbechtszäit pro Mount ugeet. Bei enger Referenzperiod vun iwwer engem a maximal dräi Méint kann d'Aarbechtszäit pro Mount déi normal Aarbechtszäit maximal ëm 12,5% iwwerschreiden. A bei enger Referenzperiod vun iwwer dräi a maximal véier Méint kann d'Aarbechtszäit pro Mount déi normal Aarbechtszäit maximal ëm 10% iwwerschreiden. D'Aarbechtszäit, déi do driwwer läit, gëtt als Iwwerstonn bezuelt.

De Plan d'organisation du travail bleift weider op engem Mount a muss fënnef Deeg virdrun am Viraus matgedeelt ginn. Den aktuelle System vun der Imprévisibilitéit, dee relativ schwiereg war, well en ënnerschiddlech ausgeluecht konnt ginn, gëtt ersat duerch e Système de préavis vun dräi Deeg. Wann de POT manner wéi dräi Deeg am Viraus geännert gëtt a wann et doduerch net zu méi Aarbechtsstonne kënnt, da ginn déi zwou éischt Stonnen neutraliséiert, dat heescht, si ginn zum normale Stonnesaz bezuelt an déi drëtt Stonn gëtt da mat 1,2 ugerechent.

En Horaire mobile kann de POT ersetzen. D'Konditioune ginn no de Verhandlungen an no engem Règlement d'horaire mobile fixéiert.

Parallell gëtt, an dat war eis wichteg, d'Kollektivvertragswiesen gestäerkt. D'Sozialpartner kënnen am Kader vun engem Kollektivvertrag oder engem Accord och mat der Referenzperiod eropgoen, bis op maximal zwielef Méint. D'Kompensatiounen duerch méi Congé an d'Limitte vun der maximaler Aarbechtszäit pro Mount, déi am Droit commun virgesi sinn, gëllen net tel quel fir si. Si kënnen aner Kompensatiounen aushandelen, woubäi de Statsrot ënnerstrach huet, dass déi op d'mannst gläichwäerteg musse sinn zu deene Kompensatiounen, déi am Droit commun virgesi sinn. Datselwecht gëllt iwwregens och beim Horaire mobile.

De Statsrot huet nach eng Partie Observatioune gemaach. D'Chamberskommissioun huet sech ënner anerem domat beschäftegt an doropshin den 21. November eng Serie vun Amendementer adoptéiert, fir de Projet de loi ze verbesseren. Ënner anerem Folgendes: Bei engem lafenden Accord oder engem lafende Kollektivvertrag, wou keng Bestëmmungen iwwert d'Referenzperiod festgehale sinn oder just eng Referenz op den Droit commun gemaach gëtt, do bleift d'Referenzperiod bei maximal engem Mount, bis den Accord oder de Kollektivvertrag ofgelaf ass.

Zum Report vun den Iwwerstonnen am Horaire mobile, deen ass nëmme méiglech bei engem Horaire mobile vun engem Mount oder manner, soss mécht dat jo och kee Sënn. An zum Repos hebdomadaire, do muss deen nächste Roudag an den nächste siwen Deeg geholl ginn.

Eng Partie Amendementer vun déi Lénk, déi si mat erabruecht haten, sinn am Kader vun den Diskussioune mat iwwerholl ginn. Zum gréissten Deel hu se awer keng Majoritéit an der Kommissioun fonnt.

Den Avis vun der Chambre des Salariés war u sech positiv, dee vun der Chambre des Métiers an dee der Chambre de Commerce waren negativ, well se soen, e wär net ëmsetzbar, vill ze vill komplizéiert an et hätt een net genuch Flexibilitéit an dësem Projet de loi. Et ass bedauerlech, dass keen Accord fonnt gouf am CPTE tëschent de Sozialpartner. An duerfir ass et gutt, dass de Minister seng Responsabilitéit geholl huet an dëst Gesetz op de Wee bruecht huet. D'Zukunft wäert weisen, wéi dëse Projet sech an der Realitéit wäert bewäerten. Duerfir gesäit de Projet de loi e Bilan intermédiaire no fënnef Joer Applikatioun vir.

Mäi Rapport gouf an der Kommissioun vum 16. Dezember eestëmmeg ugeholl an ech géif och dofir lech alleguerten e Merci soen an der ganzer Kommissioun och Merci soe fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht.

Am Rapport gouf festgehalen, dass d'Kommissioun der Chamber recommandéiert, dëse Projet de loi ze stëmmen. Dat géif ech lech och recommandéieren. Duerfir Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn domadder och den... Ah neen, dat mécht d'Madamm Bofferding.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz *(CSV).*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Alleréischt dem Rapporteur villmools Merci fir säi Rapport, wou en eng komplizéiert Matière fir Leit, déi net all Dag domat ze dinn hunn, hei op eng dach einfach Aart a Weis virgedroen huet.

De Plan d'aménagement du temps de travail respektiv de Plan d'action national en faveur de l'emploi ginn zréck op eng gréisser Manifestatioun, déi hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet mat Zegdausende vu Gewerkschaftler, déi hei manifestéiert hunn, wéi duerno och e Sommet war hei zu Lëtzebuerg, e Sommet pour l'emploi - europäesch gesinn -, awer och duerno e Sommet pour l'emploi national gesinn, deen am alen Europaparlament stattfonnt huet, wou driwwer diskutéiert ginn ass tëschent de Sozialpartner, wéi een dee ganze Problem vun der Aarbechtszäit a vun der Flexibilitéit kéint organiséieren. Dat waren heroesch Debatten. Den Aarbechtsminister vun haut war deemools, wann ech dat nach richteg am Kapp hunn, nach Vertrieder vu Lëtzebuerg an der europäescher…

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Nach net, ah, da war et just duerno. Da war dat den Här Kasel, mengen ech, deen nach deemools och zu Bréissel an der RP derbäi war, wéi déi Verhandlunge gefouert gi sinn.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer duerno e Gesetz gemaach an der Tripartite, wou ech d'Chance hat, och derbäi gewiescht ze sinn, wou duerno an der Tripartite en Arrangement fonnt ginn ass, fir ze soen: Mir maachen elo emol eppes an da kucke mer no fënnef Joer, wat derbäi erauskënnt. Aus deene fënnef Joer sinn der zéng ginn. Aus deenen zéng sinn der 15 ginn, an an Zwëschenzäit, wann een elo zesummerechent, da si mer bei enger laanger Zäit ukomm.

(M. Henri Kox prend la présidence.)

An dofir ass dat, wat de Georges Engel gesot huet, och richteg. D'Sozialpartner hunn et net fäerdegbruecht, an deene 17 Joer en Accord ze fannen, fir dass et zu engem eenheetleche Gesetz doriwwer géif kommen.

Dofir wëll ech och soen, dass de Projet engem Emotiounen ervirbréngt. Et si Saachen dran, déi si ganz gutt. Et si Saachen dran, déi si manner gutt. De Georges Engel huet et ënnerstrach: D'Avise vun deenen zwou Patronatschambere ware komplett negativ. Bei der Salariatschamber war et duerchaus méi e positiven Echo. Mä wann een da bei der Salariatschamber och nach mat deenen eenzelnen Organisatiounen diskutéiert a mat deenen Entrevuen hat, déi an der Chambre des Salariés sëtzen, déi jo äänlech fonctionnéiere wéi mir heibannen, huet ee festgestallt, dass et do och ënnerschiddlech Meenungen zu deem Projet de loi gëtt.

Ech wëll soen, dass et eng nei Struktur, en neien Ufank wäerte si fir d'Aarbechtszäitorganisatioun hei am Land, mä dass et awer och gläichzäiteg nach Froen opwerft, a Froen opwerft och vu philosophescher Natur. Den Här Minister an ech hate beim Matbestëmmungsgesetz, wou mer och a groussen Deeler averstane waren, awer bei verschiddene Punkten eng aner Vue, näämlech wat och d'Matbestëmmung vun den Delegatiounen ubelaangt. Esou ass et mer och hei a verschiddene Punkten, wou et schwiereg ass, fir kënnen ze soen: Et ass alles an der Rei, dat Gesetz gesäit honnertprozenteg esou aus, wéi mir eis et virgestallt hunn.

Wann ee kuckt, an där Etüd, an dat steet och am Rapport vum Här Engel mat dran, wou LISER beoptragt gi war, eng Analys ze maachen, wéi et an deene Betriber ass, an 1.000 Betriber mat iwwer 50 Beschäftegt, wéi et do ass mat der Aarbechtszäitorganisatioun, sou muss ee jo an de Betriber virun allem e groussen Ënnerscheed maachen tëschent deene Betriber, déi e Kollektivvertrag hunn, an deene Betriber, déi kee Kollektivvertrag hunn.

Déi Betriber, déi e Kollektivvertrag hunn, do verhandelen d'Sozialpartner, dat heescht, déi, déi de Kollektivvertrag ënnerschreiwen, mat hirem Patron; wann et e betriibleche Kollektivvertrag ass oder wann et e Ramekollektivvertrag ass, sinn et d'Gewerkschaften, déi mat deem Patronatsgrupp verhandelen, wéi et weidergeet mat der Aarbechtszäitorganisatioun, wéi et weidergeet mat der Period, well si hunn d'Méiglechkeet och elo schonn am Gesetz, méi eng laang Period wéi e Mount ze maachen.

An deene Betriber, wou et kee Kollektivvertrag gëtt, ass dat anescht. An deene Betriber, wou kee Kollektivvertrag ass, do soll dann elo dat neit Gesetz hei gräifen, dass, wann Der gären eng Referenzperiod vu méi wéi engem Mount hätt, ob dat zwee, dräi oder véier Méint sinn, dass et da bei deene Leit spillt, a bei deenen, déi e Kollektivvertrag hunn, wou festgehalen ass, wéi d'Aarbechtszäitorganisatioun nominéiert ginn ass… Well dat steet och nach laang net an all Kollektivvertrag, well et sinn och Kollektivverträg, wou just beim Artikel steet: „Mir verweisen op d'Gesetz" a wou net kloer an däitlech sech ausgedréckt ginn ass. Dat sinn déi Ënnerscheeder, déi mer elo an deenen nächsten zwee respektiv dräi Joer wäerten erliewen, bis dann och duerno wäert dee Bilan gemaach ginn.

Mir hunn e Problem mat.., ech mengen, mir hunn eis konstruktiv an déi Diskussioune vum Projet abruecht gehat. Ech hat hei, an den Här Engel huet och scho vun där Debatt geschwat, de 24. Februar 2016, wéi mer déi Interpellatioun haten iwwert de Marché de l'emploi, gesot, dass mir eng Preferenz hätten, fir eng Referenzperiod ze maache vun dräi Méint, an dass duerno um betriiblechen Niveau géif en Arrangement gemaach ginn, ob dat soll a Fräizäit kompenséiert ginn oder ob dat soll bezuelt ginn.

Dat war an der Debatt de 24. Februar 2016 an der Chamber, nozeliesen an der Séance Nummer 19, Här Vizepresident, wou dat deemools festgehale ginn ass, wou een dat och kann noliesen, a wou ech och schonn deemools drop higewisen hunn, dass mir e bëssen e Problem hunn, wa mir fir d'Leit vun uewen erof décidéieren, wéi si et solle maachen, mä dass d'Leit mussen de Choix hunn, ob se gäre méi Fräizäit hätten oder ob se dat Ganzt gäre bezuelt hätten.

Mir hunn an der Kommissioun konstruktiv matgeschafft. Mir hunn och nach leschten Dënschdeg eng Kéier laang bei eis an der Fraktioun driwwer geschwat. An opgrond vun dräi Punkte kënne mir dëst Gesetz net mat ënnerstëtzen.

Deen ee Punkt ass dee vun der Definitioun, Kollektivvertrag a Gesetz, wou do e gréissere Problem ass, wat am Kollektivvertrag aneschters gehalen ass wéi am Gesetz, dass et do zwee verschidde Punkte gëtt.

An da wëll ech nach eng Kéier op dat hiweisen, wat ech gesot hunn de 24. Februar, dass mir eis en anere Modell virgestallt hunn, näämlech dee vun dräi Méint, an dass och d'Leit am Betrib d'Méiglechkeet hunn, ze décidéieren, ob et Stonnen oder Geld sinn.

An dann ass et gläichzäiteg esou, dass mer och nach eis d'Fro stellen, ob dat mam Horaire mobile geet, wat de Georges Engel zwar erkläert huet, mä wou et schwéier ass, all Horaire-mobiles-Modell am Detail duerchzehuelen. Dofir ass dat och kee Virworf, mä just och do, dass do nach méi Froe bei eis op den Horaire mobile bezu sinn, wou ee sech Froe ka stellen, ob dat do net dozou féiert, dass den Horaire mobile och manner interessant gëtt, wéi dat de Moment bis elo de Fall ass. Et ass och de Statsrot, dee jo och a sengem Avis op déi Schwieregkeete mam Horaire mobile higewisen huet.

An dofir kënne mir als CSV, och wa mer soen: „Et si Verbesserungen an deem Gesetz mat dran", mä mir kënnen deem Gesetz d'Zoustëmmung net ginn, well mer der Meenung sinn, dass ee vill ze vill de Leit de Choix am Betrib ewechhëlt, fir selwer och kënne matzediskutéieren an deene Betriber, wou et kee Kollektivvertrag gëtt, dass do d'Delegatioun hätt vill méi staark misse mat agebonne ginn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance.*- Merci, Här Spautz. Als nächst Riednerin ass et um Taina Bofferding, wann ech gelift. Dir hutt d'Wuert.

Mme Taina Bofferding *(LSAP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hutt Der schonns eng Kéier eppes vun „Kapovaz" héieren? Bei „kapazitéitsorientéierter variabeler Aarbechtszäit" gi Salariéen nëmmen agesat, wann e Besoin besteet, a sëtze soss sur appel doheem ze waarden. D'Zäit tëschent den Aarbechtsasätz gëllt als Fräizäit, gëtt net bezuelt. Ech schwätzen hei vun deenen Null-Stonnen-

Kontrakter, den „zero-hours contracts“, wéi et se an England ginn.

Et ass eng atypesch an a ganz ville Fäll eng äusserst prekär Form vun der Beschäftegung. Se bréngt vill Gefore fir déi schaffend Leit mat sech a léisst d'Salariéë wéi Roboter erschéngen. A soulaang meng Partei e Matsproocherecht huet, wäert et esou eng Form vu Beschäftegung hei am Land definitiv net ginn! Mä grad, well d'Aarbechtswierklechkeet sech verännert huet, brauche mir eng Ofsécherung fir nei Risiken. Och d'Salariéë wënsche sech méi flexibel Aarbechtszäiten. Si verstinn allerdéngs oft eppes aneres drënner wéi hir Patronen.

Wärend Eenzelner wuel wéilten hiert Personal bei Bedarf ouni Rücksicht op Mindestrouzäite méi laang schaffe loossen, wëllen déi Beschäftegt hir Aarbechtszäit besser un déi eege Besoinen upassen.

Oft verbannen d'Salariéen de Begrëff Flexibilitéit mat negativen Aspekter. Flexibel Aarbechtszäitmodeller, déi sech um Interessi vun de schaffende Leit orientéieren an hinne Gestaltungsméiglechkeeten offréieren, kënnen zu enger verbesserter Vereenbarkeet vun Aarbecht a Liewe féieren an héich Aarbechtsbelaaschtunge verréngeren. Letztendlech dénge si dem Erhalt vun der Beschäftegungsfäegkeet an der Fachkräftesécherung, wat dann och de Betriber zeguttkënnt.

D'Diskussioun iwwert d'Organisatioun vun den Aarbechtszäiten ass eng kriddelech. An engem Punkt ware sech d'Patrons- an d'Salariatssäit eeneg, an zwar, dass déi aktuell Regelung den heitege Besoinen net méi entsprécht.

De Sozialdialog war jo bekanntlech an enger Sakgaass gelant, wouropshin dann d'Regierung hir Verantwortung geholl huet an en équilibréierte Modell op den Dësch geluecht huet, e Mëttelwee tëschent de Revendicatioune vum Patronat fir eng méi staark Flexibilitéit a vun de Gewerkschafte fir méi Congésdeeg.

Dass déi nei Regelung ënnerschiddlech Reaktiounen ervirrifft, ass net wierklech verwonnerlech. Et huet och keen e Problem mat Kritik. Dass awer Aussoe gemaach ginn, dass d'PAN-Gesetz an där Form - ech zitéieren: „net gebraucht gëtt an eng Doutgebuert“ wier, geet da schonns ganz wäit, fir net ze soen, et ass carrément eng Frechheet.

Erënnere mer eis och un eng aner Ausso aus dem Patronatslager, dass weider Congésdeeg net a Fro kéimen, mat de Wierder „nëmmen iwwer meng Läich“! Also, wierklech gutt Viraussetzungen, fir de Sozialdialog nees opliewen ze loossen!

Genausou frappant war dann och eng weider Deklaratioun - ech zitéieren: „D'Parteie solle sech et gutt iwwerleeën, mat welchen Argumenter si klengen a mëttlere Betriber op d'Schnëss wëlle schloen.“

Plusieurs voix.- Ooh!

Mme Taina Bofferding *(LSAP)*.- An et ass och net richteg, dass dëst Gesetz aus dem Boulevard Kennedy zu Esch geschriwwe ginn ass, well wär dat de Fall, géif ech mengen, dass och d'Fraktioun vun déi Lénk éischter géif tendéieren, dëst Gesetz matzestëmmen.

Interessanterweis kommen aus engem aneren Eck Stëmmen, déi genau de Géigendeel vun där Siichtweis vum Patronat behaapten, an zwar, dass eng absolutt neoliberal Approche ze erkenne wär.

Meng Partei gesäit dat anescht, well et ebe grad net méi Flexibilitéit zum Nulltariff gëtt. Dat heiten ass keng Reform, déi op eng eesäiteg Aart a Weis um Intérêt vun enger ganzer Interessegrupp fousst. Wa méi Flexibilitéit vun de schaffende Leit verlaangt gëtt, dass se méi laang a méi flexibel verfüügbar solle sinn, da muss een hinnen och eng Géigeleeschtung zougestoen. Wär dat näämlech net de Fall, da kéinte mer vun enger eesäiteger Manéier schwätzen. An dofir ass et méi wéi gerecht, dass d'Salariéen dozou eng Géigeleeschtung, ebe méi Congésdeeg, bäikréien.

Leider gëtt dat net vun alle Parteien hei am Haus esou gesinn. An ech sinn erstaunt, an ech mengen, ech net eleng, wéi ech grad mäi Virriedner héieren hunn, dass si, obwuel se an der Kommissioun de Rapport matgestëmmt hunn, elo awer wäerte géint d'Gesetz stëmmen. Natierlech hu si d'Recht, mä et ass äusserst speziell!

Well eng Partie Kritikpunkte sinn an der Kommissioun gekläert ginn, mer hunn iwwert d'Geforen diskutéiert a verschiddener konnten och widderluecht ginn. An dofir huet sech jo grad an der zoustänneger Kommissioun eng breet Majoritéit fonnt, zu där och deemools d'CSV gehéiert huet, fir der Chamber ze recommandéieren, fir dëst Gesetz ze stëmmen, an dat schwaarz op wäiss genausou, wéi et am Rapport steet.

Dofir wëll ech nach eng Kéier betounen, dass d'Regierung hei keen - wéi hutt Der et deemools eng Kéier an engem Zeitungsartikel genannt? -, keen „Kardinalfeeler“ mécht, wéi uganks gefaart ginn ass, dass d'Flexibilitéit eleng ausserhalb vun de Betriber geregelt géif ginn. Weiderhi gëtt drop gesat, dass Eenegungen op Betribsniveau solle fonnt ginn. Et handelt sech bei der Regelung vun der Referenzperiod ëm eng „Kann“-Solutioun. D'Décisioun, fir Referenzperioden ze verlängeren oder net, läit bei de Betriber. Si kënnen, mä si mussen net. Betraff sinn och just déi Betriber, déi hir Aarbechtszäiten net iwwer e Kollektivvertrag regelen. Déi nei Regelung kéint souguer als Usporn verstane ginn, an alle Beräicher e Kollektivvertrag anzeféieren, wou dann e Package aus Huelen a Ginn ausgehandelt kéint ginn.

Ob elo véier oder dräi Méint, obwuel deemools beim Unhuele vum Rapport d'CSV sech fir déi véier Méint ausgeschwat huet, schéngt dat dann elo en oniwwerwannbare Problem ze sinn. Beim Projet de loi gouf sech un enger Direktiv orientéiert, a fir eis ass wichteg, dass endlech eng Reform kënnt. Dat ass eng Verbesserung, déi Reform ass eng Verbesserung am Sënn fir d'Salariéen an am Sënn fir d'Patronat.

Als Konklusioun wëll ech betounen, dass d'Aarbechtszäit sozial a gesond verträäglech muss sinn. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass dëst Gesetz e gudde Kompromëss ass an déi zwou Säite wäerte Gewënner sinn. Flexibilitéit ass e wichtegt Instrument, a mir mussen derfir suergen, dass déi erwënschte Flexibilitéit sech herno net als Mogelpackung entpuppt. Dofir soe mir: flexibel, awer net ongeregelt, a scho guer net ouni Géigeleeschtung.

Dëst gesot, ginn ech domadder da schlussendlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Henri Kox, *Président de séance*.- Merci, Madamm Bofferding. Als nächste Riedner ass den Här Claude Lamberty ageschriwwen. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Organisatioun vun der Aarbechtszäit ass ee vun de wichtegsten, wann net souguer de wichtegste Sujet, wann et ëm eng modern Aarbechtsmaartpolitik geet. Et geet souwuel ëm d'Interesse vun de Betriber wéi natierlech och vun de Salariéen. D'Betriber brauchen déi néideg Flexibilitéit, fir wettbewerbsfäeg, heiansdo souguer iwwerliewensfäeg ze bleiwen. Fir d'Salariéen op där anerer Säit spillt d'Work-life balance eng ëmmer méi wichteg Roll. Jonk Leit wëlle sech zum Beispill méi Zäit fir hir Famill, fir hir Kanner huelen oder och fir aner grouss Projeten ze realiséieren.

D'Organisatioun vun der Aarbechtszäit ass fir den deeglechen Alldag, fir d'Organisatioun tëscht Privatliewen an Aarbechtswelt wichteg. Vun enger zefriddener Aarbechtskraaft profitéiert natierlech och erëm d'Entreprise, well en onzefriddenen a midde Salarié ganz sécher net dee produktiivste Salarié ass.

Net nëmmen zu Lëtzebuerg sinn d'Aarbechtsopdeelung an d'Aarbechtszäit en Thema. Wärend a Frankräich driwwer diskutéiert gëtt, d'Aarbechtszäit vun de Fonctionnairen eropzesetzen, experimentéiere verschidden Entreprisen a Schweden zum Beispill mat enger 30-Stonnen-Woch, ouni dass dat elo eng obligatoresch legal Basis hätt. Och iwwert d'Unzuel vun de Congésdeeg gëtt national an international schonn esou laang diskutéiert, wéi et Aarbechtsverträg gëtt.

Mir diskutéieren haut awer iwwer eppes aneres wéi iwwert d'Unzuel vun de Stonnen, déi e Salarié pro Woch schaffe muss. Dat wäerten näämlech och an Zukunft 40 Stonne sinn. Och d'Zuel u Congésdeeg vun op d'mannst 25 steet haut net zur Debatt.

Mir schwätzen haut iwwert déi sougenannte Referenzperiod. Déi Referenzperiod erméiglecht et den Entreprisen, dass hir Salariéë wärend engem fixéierten Zäitraum déi legal Limitt vun aacht Aarbechtsstonnen den Dag respektiv vu 40 Aarbechtsstonnen d'Woch iwwerschreide kënnen, ënnert der Konditioun, dass wärend der fixéierter Period d'Moyenne vu geleeschte Stonne pro Woch net iwwer 40 Stonne läit.

Huele mer en illustréierend Beispill: An enger normaler Schaffwoch geet de Salarié 40 Stonne schaffen, normalerweis aacht Stonnen den Dag. Aus engem extraordinäre Grond, zum Beispill enger wichteger grousser Commande fir de Betrib, gëtt et eng gewësse Flexibilitéit an där Woch, an esou kann et also sinn, dass de Salarié deen een Dag zéng Stonne schafft an en aneren dofir schonn no sechs Stonne kann heemgoen. Wärend enger Referenzperiod ginn also net méi oder manner Stonne wéi soss geschafft, mä d'Aarbechtsstonne verdeele sech anescht op déi eenzel Schaffdeeg. Dëse System erméiglecht et de Betriber also, eng gewësse Flexibilitéit un den Dag ze leeën, wa si duerch speziell Opträg oder eng aarbechtsintensiv Zäit méi Aarbecht hunn, wéi dat am normale Betribsoflaf de Fall ass.

De Moment ass d'Referenzperiod fir Betriber ouni Kollektivvertrag laut Code du travail op maximum véier Woche limitéiert. Kollektivverträg kënnen d'Referenzperiod natierlech verlängeren.

Opsäite vun de Betriber gëtt scho méi laang méi Flexibilitéit an der Organisatioun vun der Aarbechtszäit gefuerdert, well besonnesch déi kleng Betriber, déi kleng Entreprisen, déi net ënner e Kollektivvertrag falen, séier ënnert d'Rieder kommen, wann eemol eng gréisser Commande, eng grouss Commande, e groussen Optrag erakënnt. Do geet et da ganz oft mat engem Mount Referenzperiod net duer.

D'Gewerkschaften op där anerer Säit hu méi legale Congé gefuerdert respektiv ware fixéiert op eng Reduktioun vum Temps de travail, fir iwwerhaapt iwwert d'Situatioun a puncto Referenzperiod ze verhandelen.

D'Sozialpartner sinn also mat zwou fundamental opposéierte Positiounen an d'Verhandlung eragaangen, mat deem Resultat, wat mer alleguerten heibanne kennen: Et ass ee sech leider net eens ginn. An esou huet d'Regierung hir politesch Verantwortung iwwerholl an huet e Kompromëssvirschlag an der Chamber déposéiert, iwwert dee mir dann haut ofstëmmen.

Här President, et läit an der Natur vun der Saach, dass e Kompromëss weder der Fuerderung vun deem engen nach der Fuerderung vun deem aneren zu honnert Prozent ka Rechnung droen. An esou ass et och bei dësem Projet de loi. An ech mengen, an ech verroden och domadder kee Geheimnis, wann ech soen, dass dëse Projet och net zu honnert Prozent d'Iwwerzeegunge vun all de Membere vun der Demokratescher Partei erëmspigelt. Mä d'Politik, d'Demokratie lieft nun emol vu Kompromësser. An dofir sti mir och zu dësem Projet, deen d'Regierung proposéiert.

Dëst Land ass jorzéngtelaang gutt gefuer mat engem sougenannte Lëtzebuerger Modell, deen et färdegbruecht huet, duerch Kompromësser tëscht de Sozialpartner Wuelstand a Fortschrëtt ze kreéieren.

An der Problematik, iwwert déi mir hei schwätzen, gouf et, wéi gesot, zwou extrem Positiounen, déi jeeweils d'Flexibilitéit an d'Kompetitivitéit vun de Betriber géint d'Intérête vun de Salariéen ausgespillt huet an ëmgedréit.

Dës Majoritéit wollt awer weder dat eent nach dat anert afferen, nëmme fir där enger oder där anerer Säit besser ze gefalen. An dat muss een der Regierung och zegutthalen. De Kompromëss, deen hei proposéiert gouf, ass sécherlech net perfekt fir déi zwou Säiten, an awer profitéiert deen ee vun deem aneren, an et ass genau dat, wat am Endeffekt zielt.

Ech wëll hei net op den Detail vun den eenzelne Changementer agoen, well de Rapporteur dat schonn a sengem schréftlechen a mëndleche Rapport op eng ganz exzellent Aart a Weis gemaach huet.

Ech wëll just e puer Punkten ervirhiewen, déi mir wichteg erschéngen am Kontext vun den eenzelne Kriticken, déi een déi Jescht Wochen dobausse gehéiert huet. Fir d'Éischt wëll ech drop opmierksam maachen, dass zwee ganz wesentlech Punkte vun dësem Projet de loi net beréiert ginn.

Éischtens bleift bei der Referenzperiod vu véier Wochen alles beim Alen. Et muss een also keng zousätzlech Congésdeeg accordéieren. Dat heescht, wann d'Betriber wëllen esou weiderfuere wéi bis elo, dann ass dat absolutt kee Problem, fir dat och esou ze maachen.

Zweetens ass et och an Zukunft weider méiglech, Referenzperiode bis maximal zwielef Méint iwwer Kollektivverträg ze regelen, wou also och net onbedéngt mussen zousätzlech Congésdeeg accordéiert ginn, och wann dat an der Praxis och elo scho quasi ëmmer de Fall ass. Dës zwee Punkte bedeiten, dass, falls e Betrib net wëllt vum neie System profitéieren, entweder well e weiderhi just vu véier Woche Referenzperiod Gebrauch maache wëllt, oder well hien ënner e Kollektivvertrag fält, dann ännert sech fir dëse Betrib näischt par rapport zur aktueller Situatioun.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

En huet also keng Nodeeler par rapport zu de Spillregelen, wéi se haut scho praktizéiert ginn.

Et gouf jo vill Kriticke vusäite vum Patronat, dass den neie System ze komplizéiert wier an dass e sech fir bal kee Betrib rentéiere géif, well d'Organisatioun vun den Aarbechtszäite souguer nach manner flexibel respektiv méi komplizéiert géif ginn. Falls dat fir e Betrib wouer ass, muss en, wéi gesot, net vun deem neie System profitéieren an e kann esou weiderfueren, wéi dat bis elo de Fall war.

Als zweete ganz wichtege Punkt wëll ech ervirhiewen, dass zousätzlech Congésdeeg just ufalen, wann e Betrib an Zukunft eng Referenzperiod vu méi wéi déi bis elo maximal véier Wochen an Usproch hëlt. Et gëllt also an Zukunft de ganz einfache Prinzip: Wann ech méi Flexibilitéit vu menge Salariéë fuerderen, da musse si och eng Belounung fir dës Flexibilitéit kréien. An dëst ass eng Léisung, déi souwuel dem Patron wéi och dem Salarié zeguttkënnt.

Den drëtten an a mengen Ae ganz wichtegen Detail, besonnesch am Kontext vun de sëlleche Kriticken opsäite vu verschiddene Patronatsverbänn, steet am drëtten a leschten Artikel vun dësem Projet de loi, an zwar soll a fënnef Joer, nodeems déi nei Dispositiounen a Kraaft getruede sinn, e Bilan intermédiaire gemaach ginn. An deem Bilan intermédiaire muss virun allem festgestallt ginn, wéi oft déi nei Mesuren an Usproch geholl goufen an haaptsächlech, wéi effikass se waren.

Ech wëll awer och betounen, dass dee Bilan net endgülteger Natur ka sinn. Mir alleguerte wëssen, an dat net eréischt säit dem Rifkin, dass d'Aarbechtswelt permanent um Changéieren ass. D'Ufuerderungen un déi schaffend Leit sinn haut net déi nämlecht wéi virun 20 Joer. An och an den nächsten 20 Joer wäerte vill Verännerungen an Erausfuerderungen op eis duerkommen.

Den Télétravail, iwwert dee mir jo am Kader vun der Budgetsdebatt geschwat hunn, ass just ee Beispill vu villen, wéi mir et kënne fäerdegbréngen, fir d'Beruffs- an d'Familljeliewe vun de schaffende Leit besser mateneen ofzestëmmen.

Och d'Organisatioun vun der Aarbechtszäit, wéi mir se haut festleeën, wäert an Zukunft nach méi wéi eng Kéier op de Leescht geholl musse ginn. De Projet, dee mir haut stëmmen, ass een, dee fir haut eng Partie Verbesserunge mat sech bréngt. Ob déi Verbesserungen och wierklech gegraff hunn, jo, dat gesi mer da spéitstens beim Bilan a fënnef Joer. Spéitstens da muss och den Débat vun haut weidergefouert ginn.

An deem Sënn ginn ech heimat den Accord vu menger Fraktioun, vun der Demokratescher Partei, net ouni nach eng Kéier ze vergiessen, dem Rapporteur, dem Här Engel, fir säin exzellente schréftlechen a mëndleche Rapport hei Merci ze soen.

Dat gesot: Gudden Appetit!

(Hilarité)

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Merci och dem Här Lamberty. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gérard Anzia. Här Anzia, Dir hutt d'Wuert.

M. Gérard Anzia *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Mir schwätzen haut iwwert de Projet de loi, deen d'Aarbechtszäitorganisatioun nei wäert organiséieren iwwert de Plan d'organisation du travail, virun allem iwwert d'Referenzperioden, déi u sech sollen ofgeännert ginn. Et geet also hei ëm d'Ofännerung vun engem Gesetz, wat - virdrun ass et scho gesot ginn, 1999, d'PAN-Gesetz - u sech déi Saache geregelt huet a wou mer hei géifen Ergänzunge maachen, déi héich Zäit ginn.

E grousse Merci fir d'Éischt emol un de Rapporteur, deen awer menger Meenung no den Detail virun allem och a sengem schréftlechen an a sengem mëndleche Bericht duergeluecht huet, wéi deen neie Modell kann ausgesinn, wéi déi Flexibiliséierung ausgesäit a wéi déi Kompensatiounen, déi dozou gehéieren, eben och géifen ausgesinn. An dorop wäert ech am Detail also net méi hei agoen.

D'Flexibilitéit, d'Sécherheet an d'Gesondheet vun de Salariéen, déi mussen am Équiliber bleiwen. Dat ass deene Gréngen hir Meenung. Ech wëll e ganz klengen Historique maachen, awer net op 1999, well do hunn ech dat nach net suivéiert esou am Detail. Ech wëll just den Historique kuerz bis an d'Fréijoer vun dësem Joer maachen.

Am Fréijoer vun dësem Joer waren zu Senningen verschidde Partië beieneen, d'Patronatsvertrieder, d'Gewerkschaften, d'Regierung, an dat net fir d'Éischt, mä zum x-te Mol, fir u sech ze kucken, eng Eenegung an dësem Dossier ze fannen. Deem war net esou.

Vu dass deem net esou war, huet zu iergendengem Moment missen eng Décisioun geholl ginn. An de Minister Schmit huet konsequenterweis am Numm vun der Regierung eng Décisioun geholl. A mat dëser Décisioun ass natierlech erëm net all Partner zefridden. D'Décisioun besteet doran, d'Flexibiliséierung vun der

Referenzperiod, déi elo vun engem Mount méiglech ass, op véier Méint ze erweideren an als Contrepartie dräi an en hallwen Deeg Congé ze erméiglechen.

An duerno ass et awer lassgaange mat heftegste Reaktiounen. De Minister, dee gëtt zitéiert, dass hien dem Patronat ënnerstellt, de Mënsch als Aarbechtsmaschinn ze betruechten. Do fält mer de Begréff vun Humankapital an, dee ganz pejorativ ass. D'Fédération des artisans mat hire Vertrieder huet op Twitter an op soziale Medie verpasst, menger Meenung no, en normalen Ëmgangstoun ze behalen. An ech zitéieren och elo net all Detail, dat kann een nach alles nosichen, well d'sozial Medie vergiessen näischt!

Ënnerstallt ginn awer e puer Saachen. Éischtens, dës Regierung, déi wär OGB-L-lasteg, eng Partei hätt déi zwou aner Parteien hei iwwert den Dësch gezunn, well déi keng Anung vum Dossier hätten. Da ginn ech dovun aus, dass déi Federatioun - mä esou konsequent oder esou eescht ass et och net gemengt mat deenen Aussoen op deene soziale Medien - da just nach mat där enger Partei géif iwwer Aarbechtsrecht schwätzen. Vu dass mat deene Leit och mir als déi Gréng schonn erëm a Kontakt waren do dertëscht, ginn ech also dovun aus, dass se net der Meenung sinn, dass déi zwee aner Partner an der Regierung an deem Dossier keng Anung hätten.

Zweetens: „Dat ass guer net dat, wat mer brauchen, d'Regierung huet d'Aarbechtswelt nu guer a glat net verstanen." Verstoe kënnen déi gréng och d'Fédération des artisans, wa se Bedenken huet, wat déi praktesch Ëmsetzung ugeet, wat den administrativen Opwand ugeet, an - à voir! - wéi vill Betriber elo wäerte vun där neier Regelung profitéieren. Mä dat wäert eréischt d'Zukunft weisen an dat kann natierlech eréischt geschéien, wann de Projet de loi zum Gesetz gëtt an eben déi do Méiglechkeet vun der Flexibiliséierung, déi soss just iwwert de Kollektivvertrag méiglech war, u sech och kann an deenen anere Betriber gemaach ginn.

Bon, an da muss een natierlech och pragmatesch soen: Déi Betriber, déi elo guer net wëllen op dës Schinn hei goen, ma déi kënne jo, wéi et heescht, d'Referenzperiod eben net op véier Méint ausweiden, déi kënne jo och beim aktuelle Modell bleiwe vun deem enge Mount, ouni weider Géigeleeschtung.

Huet dëst Gesetz elo en Impakt op déi zukünfteg Kollektivverträg? Bon, mir als déi gréng, mir sinn der Meenung, dass et wuel dat ka sinn. Mä et war och elo schonns méiglech, an de Kollektivverträg Referenzperioden ze fannen, déi op zwielef Méint konnte goen. Och do war et méiglech, als Géigeleeschtung Congé ze hunn oder Geld, an dat ass vu Fall zu Fall eiser Meenung no elo festzeleeën. An all Kéiers war et och esou an deene Kollektivverträg, dass méi Flexibilitéit ëmmer mat enger Géigeleeschtung verbonne war.

Och den Horaire mobile bleift mat dësem Gesetz nach ëmmer bestoen als eng Méiglechkeet, fir Beruffs- a Familljeliewen ënner een Hutt ze kréien, am Sënn vu Flexibilitéit vun deenen zwou Säiten, fir de Salarié awer och fir de Betrib, an et gëtt a verschiddene Punkten hei nach eng Kéier preziséiert, wat de Report ass vun Iwwerstonnen an esou weider.

Deen neie Modell vun der Gestaltung vun der Referenzperiod ass och ganz ausféierlech, ech hat et scho gesot, vun eisem Rapporteur hei, dem Georges Engel - nach eng Kéier e Merci -, ebe virgestallt ginn. An ech wëll net nach eng Kéier do den Detail eraushuelen.

Eis als déi gréng ass et awer wichteg an dat empfanne mer als ganz positiv, dass eben, wann en neie Modell vu Referenzperiod soll an engem Betrib agefouert ginn, déi ganz Procédure d'information et de consultation preziséiert gëtt, dass méi mat de Personaldelegatiounen zesummegeschafft gëtt an dass och d'Asprochsprozedur beim Désaccord iwwert d'ITM an den Office national de conciliation geregelt a preziséiert gëtt.

Wann een, wéi haut, iwwer nei Aarbechtszäitmodeller schwätzt, virdrun ass gesot ginn: „Dat ass elo schonn alles méi wéi 15 Joer al, dat hätt kënne schonn éischter geschéien", dann ass dat sécherlech richteg, mä da muss een awer och an d'Zukunft kucken. An do wäerten och nach ganz aner Volete musse beschwat ginn, an zwar Aarbechtszäitreduktioun. Nei Modeller sinn och am Rifkin-Bericht scho mat ugeduecht. Télétravail, do hu mer d'Motioun de Moie jo an déi entspriechend Kommissioune verwisen, déi vum Claude Haagen hei virgedroe gi war, déi eben an déi dote Richtung geet.

Zum Schluss: Dëse Projet de loi, esou gesinn et déi gréng op jidde Fall, ass am Intérêt vun deenen zwou Säiten. E bréngt der Entreprise eng méiglech Flexibilitéit, déi net am Kollektivvertrag eben oder ouni Kollektivvertrag ka geregelt ginn. Se bréngt dem Salarié geregelt Aarbechtszäiten, wat wichteg ass am Sënn vu Sécherheet a Gesondheet op der Aarbechtsplaz, well nëmme gutt Aarbechtsbedéngunge kënnen e positiven Impakt hunn op Krankmeldungen, Burn-out an awer och op d'Produktivitéit. Et sinn ëmmer déi zwou Säiten, déi mat verbonne sinn. A wéi esou dacks am Liewe gëtt et och an dësem Dossier näischt fir näischt.

An do wollt ech scho mäi Schlusssaz maachen. Mä da muss ech awer nach eng Kéier kuerz op de Virriedner vun der CSV agoen. Bon, ech sinn elo selwer och iwwerrascht iwwert den Non-Accord vun der CSV zu dësem Projet de loi. Bon, ech war, souwäit ech mech erënnere kann, an alle Kommissiounssëtzungen derbäi an ech hunn deen Dissens, esou staark wéi en elo hei virgedroe gëtt vum Här Spautz, net gespuert. Bon, ech hat vläicht net all meng Sensoren ageschalt.

(Hilarité)

Déi Lénk, déi hunn eng ganz Partie Amendementer erabruecht, an d'Kommissioun huet iwwert déi Amendementer eent zu eent ofgestëmmt. A mir waren natierlech net mat all deenen Amendementer d'accord. Et si souguer ganz wéineg zréckbehale ginn, déi iwwerholl gi sinn. Do hu mer als ganz Kommissioun iwwer all Amendement ofgestëmmt an duerno hu mer och e Rapport ugeholl. Mir hunn e Rapport unanime ugeholl, an duerfir sinn ech esou erstaunt iwwert den Non-Accord vun der CSV. Mä jiddwereen huet d'Recht, seng Meenung zu deem Moment, wou e fënnt, virzedroen.

An domat ginn ech den Accord vun der grénger Partei zu dësem Projet de loi. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Anzia. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och Merci un de Kolleeg Georges Engel, deen dëse Projet hei wierklech an den Detailer virgedroen huet, och op eng Manéier, datt, mengen ech, de Gros vun de Leit et verstanen huet.

Dat Gesetz, wat mer haut hei an der Diskussioun hunn an zur Ofstëmmung, ass eng Reorganisatioun iwwert d'Aarbechtszäitorganisatioun, méi prezis iwwert d'Referenzperiod, wéi d'Leit schaffen. Et ass hei gesot ginn, déi Geschicht huet e laange Baart, an duerfir ass et e Meritt, ob een elo fir dat Gesetz oder géint dat Gesetz ass, datt de Minister et awer fäerdegbruecht huet, fir endlech e Projet an d'Chamber ze bréngen.

De But war, fir e Kompromëss ze fannen tëschent deenen zwou Säiten, den Entreprisen an dem Salariat, fir méi Flexibilitéit an d'Aarbechtswelt eranzekréien, déi engersäits vum Patronat gefrot ginn ass, an awer op där anerer Säit och d'Salariat, wann et do mat op dee Wee geet, fir méi onregelméisseg ze schaffen, datt et dat op där anerer Säit och honoréiert kritt. Dat schéngt mer eng normal Approche ze sinn, datt jiddwereen eppes huet.

De Betrib hätt gär méi Flexibilitéit an d'Salariat hätt déi gären deementspriechend och indemniséiert, well och si hunn e Recht, wann dat op d'Käschte vun hirem Privatliewe geet, onregelméisseg ze schaffen, vun hirer Famill, datt se dat iergendwéi kompenséiert kréien. Do muss also och eng Plus-value fir déi zwou Säiten ufalen, fir datt et eng gerecht Basis huet.

D'Referenzperiod gëtt ausgedeent, an duerfir gëtt et méi Congé. Wéi gesot, ech brauch net méi op déi Bestëmmungen am Detail anzegoen. De Georges Engel huet dat ganz gutt gemaach. D'Resultat, wat mer elo hei virleien hunn, gëtt vun der Salariatssäit, an hirer grousser Majoritéit, géif ech zumindest soen, positiv bewäert, a vun der Patronatssäit, an hirer grousser Majoritéit, géif ech soen, negativ bewäert.

Déi Diskussiounen, déi gefouert si ginn, hunn zu kengem Accord fonnt. An ech wëll mech vun eiser Säit aus elo net an déi Polemik, déi duerno entstanen ass, an déi Tounaart, déi duerno entstanen ass, amëschen. Et kann een dat just bedaueren!

Et kann een et bedaueren, datt mer op esou engem Punkt wéi deem heite keen Accord fonnt hunn, datt mer keen Accord fonnt hunn tëschent deenen zwou Säiten, well ech mengen, mir hu schonn a vill méi komplizéierten Dossieren hei am Land an der Vergaangenheet Accorde fonnt, mat deene jiddweree konnt liewen. Et ass ze bedaueren, datt an dësem Punkt, dee jo och nëmmen eng bestëmmten Zuel vu Betriber betrëfft, an da géif ech soen, datt et net revolutionär ass, vu wat hei d'Betriber betraff ginn, datt do keen Accord fonnt ginn ass.

D'Regierung huet hir Responsabilitéit geholl. An ech wëll soen, datt mir och léiwer gesinn hätten, datt ee méi e Kader gesat hätt, datt ee gesot hätt: „Hei, d'Betriber mussen eng Kompensatioun maachen, mä dat ka Congé sinn oder eng Indemnitéit, déi muss bezuelt ginn", well ech der Meenung sinn, datt och vill Salariéen net onbedéngt alleguer méi Congé wëllen, mä verschiddener hätten och vläicht gradesou gär méi Suen an der Pai.

Et hätt een am Fong de Betriber an de Salariéen do kënne méi eng Flexibilitéit ginn, well mir wësse jo, dat ass jo hei prioritär an deene Betriber, wou mer keng Kollektivverträg hunn. An do ass nun emol eben nach ëmmer ganz d'Regel, datt d'Négociatiounen direkt an deene Betriber tëschent dem Patron an dem Salariat gefouert ginn. Datt een e Kader setzt, datt muss négociéiert ginn an datt muss indemniséiert ginn, fannen ech richteg, mä et hätt ee kënnen do eng gewësse Marge de manœuvre loossen a just de Kader maachen.

Op där anerer Säit mengen ech, dat hunn ech och schonn d'lescht Woch hei gesot, wéi mer iwwert de Mindestloun diskutéiert hunn, wa mer iwwerall Kollektivverträg hätten, da bräichte mer déi Diskussioun och net iwwert de Mindestloun ze féieren, dann hätte mer am Kader vun de Kollektivverträg Mindestléin. Et kéint een och e Mindestloun aféieren, mä de Problem géif wahrscheinlech iwwert de Kader vun de Kollektivverträg da geregelt ginn.

Hei si mer an enger äänlecher Situatioun. An d'Kolleegin Taina Bofferding huet et och ugeschnidden. Et féiert och vläicht dozou, datt d'Betriber, déi sech bis elo opposéiert hunn, fir Kollektivverträg ze maachen an neie Branchen, datt mer Kollektivverträg kréien, wou mer dann d'Méiglechkeet hunn, tëschent de Sozialpartner am Kader vun de Verhandlunge vu Kollektivverträg Formullen ze fannen, déi jo awer elo scho bestinn, a wou méi eng Flexibiliséierung an dem Accord méiglech ass.

Duerfir, wéi gesot, et ass en Encouragement, géif ech soen, an déi Richtung, an d'Betriber, mengen ech, wieren och gutt beroden, wa se géife versichen, méi ënner Kollektivverträg ze falen. Well all déi Betriber, déi ënner Kollektivverträg falen, ech hunn duerno ni méi héieren, datt déi Betriber gesot hunn: „Mir wëlle keng Kollektivverträg méi", mä et huet och si arrangéiert, well se woussten, wéi hir ganz Aarbechts- a Lounorganisatioun am Betrib wier. Se ware längerfristeg planungssécher, a jiddweree wousst, wou e mat deem aneren dru war. Et brauch net mat deenen Eenzelnen négociéiert ze ginn, mä et kann ee mat enger Delegatioun oder mat enger Gewerkschaft négociéieren, an et ass fir jiddwereen dann herno bindend, an och, wat d'Konkurrenz ënnert deenen eenzelne Betriber vun deenen eenzelne Branchen ubelaangt, ass et eng neutral Operatioun, well all Betrib déiselwecht Loun- an Aarbechtskonditioune muss respektéieren. Duerfir hu mer alleguer Intérêt, fir d'Betriber ze encouragéieren, an déi Richtung ze goen.

D'Gesetz gesäit vir, datt mer a fënnef Joer e Bilan zéien. Wa mer kucken, wéi laang datt mer do gebraucht hunn, fir dat Gesetz hei ze kréien, 17 Joer gëtt geschwat; net dat heite Gesetz, ech menge mat allem, wou mer schonn iwwert déi Fro schwätzen! Dat Gesetz hei selbstverständlech huet keng 17 Joer gebraucht, mä d'Diskussiounen zum Sujet, déi hunn e laange Baart. Duerfir mengen ech awer, datt fënnef Joer e bësse wäit gegraff sinn, well mer wëssen, wéi séier d'Evolutioun haut geet, a well mer awer och wëssen, wéi ëmstridden dat heiten ass. An ech mengen, mer mussen eis eppes bewosst sinn: Wa mer d'Betriber hei net mat an d'Boot erakréien, an de Risiko besteet, datt mer se net mat an d'Boot erakréien, da verfeelt dat Gesetz hei säi But. Da verfeelt et säi But, da bleift alles beim Alen. An dat war jo awer net de Sënn an den Zweck.

An duerfir, ech weess et net, mir waren net derbäi. Ech mengen, et war kee vun eis derbäi. Mir verfollegen déi Debatte just aus der Press, déi no bausse gefouert si ginn. Mä menger Meenung no wier et nach eng Kéier derwäert gewiescht an et wier kengem eng Zack aus der Kroun gefall, wa sech nach eng Kéier zesummegesat gi wier an et hätt een nach eng Kéier mam Patronat geschwat. Dat hätt vläicht den Toun geschwächt an et hätt awer vläicht kënnen zu engem Kompromëss féieren, deen hei elo net fonnt ginn ass.

Mir géifen also soen: Och wann an dem Gesetz steet, datt no fënnef Joer de Bilan soll gezu ginn, sinn ech der Meenung, datt d'Regierung gutt berode wier, schonn éischter dat ze maachen. Hei ass eng Obligatioun, géif ech soen, no fënnef Joer, mä d'Méiglechkeet besteet awer och, fir schonn éischter e Bilan ze zéien, fir ze kucken, wéi dat Ganzt evoluéiert. Well wann et esou geet, wéi verschidde Patronatskreesser et soen, da wier et bedauerlech, datt dat Gesetz net méi positiv Répercussiounen op dat Ganzt hätt.

Mir wäerten als ADR net géint dat heite Gesetz stëmmen, well et e Schratt no vir ass. Mir hunn awer eis Bedenken a bedaueren, datt mer kee Kompromëss fonnt hunn. An duerfir wäerte mer eis enthalen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Gibéryen. An de leschte Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. D'Diskussioune ronderëm d'PAN-Gesetz hunn an deene leschte knapp 20 Joer scho méi wéi eng Kéier d'Chamber an och d'Effentlechkeet beschäftegt. An dat huet och säi Grond, well d'Froe ronderëm Aarbechtszäit an Aarbechtsorganisatioun schonn ëmmer zentral ware fir déi Leit, déi vun hirem Akommes, vun hirem Salaire liewen.

Zanter der Mëtt vum 19. Jorhonnert steet d'Fuerderung no enger Reduktioun vun der Aarbechtszäit nieft der Lounfro am Zentrum vun de Revendicatioune vun der Aarbechterbewegung. Dobäi waren Iwwerleeungen zur Gesondheet a Sécherheet geneesou wichteg, wéi dat iwwergeuerdnet emanzipatorescht Zil, fir näämlech déi Zäit, déi e Salarié an engem Lien de subordination zu sengem Employeur steet, ze begrenzen an ze encadréieren.

D'Organisatioun vun der Aarbecht ass also e Schlësselelement, fir en dezent Liewen iwwerhaapt ze erméiglechen. Am 20. Jorhonnert sinn duerch sozial a gewerkschaftlech Ausenanersetzungen dës Fuerderunge lues a lues zu geltendem Recht ginn. D'Begrenzung vun der Wochenaarbechtszäit op successiv 56, 52, 48, 44 a 40 Stonne waren Etappen an deem Prozess.

All Reduktioun vun der Aarbechtszäit ass duerfir och zu Recht als soziale Fortschrëtt betruecht ginn, woubäi bei jiddwerenger vun deenen Etappen, déi mer haut als selbstverständlech betruechten, wéi d'Ofschafe vun der Kanneraarbecht zum Beispill, d'Vertrieder vum Kapital Zeter a Mordio gejaut hunn, datt d'Ekonomie zesummebrieche géif an datt eis Ekonomie net méi kompetitiv genuch wier. Dat kënnt engem alles zimlech bekannt a leider aktuell vir, well effektiv d'Essenz vun der Ausenanersetzung tëschent Kapital an Aarbecht och haut nach déiselwecht ass.

Déi lescht grouss Etapp vun Aarbechtszäitreduzéierung hei am Land ass entre-temps iwwer 40 Joer hier a geet op d'Joer 1970 zréck, wou de Kader geschaaft gouf, fir déi successiv Reduzéierung vun der Wochenaarbechtszäit op 40 Stonnen anzeleeden.

Am Rapport vun der deemoleger Sozialkommissioun steet als Paukenschlag direkt op der éischter Säit: «Vers 1985…», also déi Zäit geduecht, a 15 Joer, «…l'homme ne travaillera pas plus que 30 heures par semaine, 40 semaines par an, 35 années durant toute sa vie.» Deen deemolege Rapporteur huet eng wesentlech Reduzéierung vun der Liewensaarbechtszäit fir eng relativ no Zukunft an Aussiicht gestallt. Den deemolege Rapporteur war keen anere wéi de Jean Spautz!

Dës Zukunftsperspektiv war baséiert op den ze erwaardende Produktivitéitsgewënner. Och schonn deemools si Phenomeener wéi Roboteriséierung an Digitaliséierung virausgesi ginn. Phenomeener, mat deene mer haut liewen an déi d'Aarbechtsprozesser zanterhier onheemlech rationaliséiert hunn. 1970 huet d'Chamber kee Jeremy Rifkin gebraucht, fir d'Enn vun der Aarbecht virauszegesinn a se ze verbanne mat enger fortschrëttlecher Perspektiv fir d'Mënschen.

Mir kennen awer och d'Geschicht. Tëscht deemools an haut läit manner eng wesentlech aner Produktivitéitsentwécklung. Tëscht deemools an haut leie virun allem en anere politesche Wëllen an aner politesch Kräfteverhältnisser an eiser Gesellschaft. Tëscht deemools an haut leie 40 Joer Neoliberalismus, déi all Aspiratioun op gesellschaftlechen a soziale Fortschrëtt ënnert dem Mantra vun der verallgemengerter Konkurrenz vu jiddwerengem mat jiddwerengem begruewen hunn.

An dëst war och de Kontext, an deem 1999 dat éischt PAN-Gesetz votéiert gouf, wat eng wesentlech Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit zum Inhalt hat, näämlech d'Eropsetze vum Referenzkader vun der 40-Stonnen-Woch op ee Mount. A wéi den Numm et seet, war d'PAN-Gesetz e Plan d'action national en faveur de l'emploi, also als Instrument fir d'Beschäftegung a géint de Chômage ugeduecht ginn. Erauskomm ass eng eesäiteg Flexibiliséierung zuongonschte vun de Salariéen. An ob d'Chômagetauxe par rapport zu `99 gesonk sinn, bleift awer och a Fro ze stellen.

Verschidde Bestëmmungen aus där PAN-Gesetzgebung waren ugeluecht als eng Zort Krisepolitik, en Instrument, dat sollt op d'Kris vum Aarbechtsmaart reagéieren. D'PAN-Gesetzer waren doduerch zäitlech begrenzt, fir eben deen temporäre Charakter vun där Flexibiliséierung, déi de Salariéen ofverlaangt gëtt, ze ënnersträichen.

Bei der Analys vum Projet, dee mer elo hei virleien hunn, muss ee sech duerfir, menge mer, e puer Saache virun Aen halen.

Éischtens, et geet och hei net oder ganz wéineg ëm d'Bekämpfung vum Chômage. Et ginn heimadder Iwwergangs- an Ausnamebestëmmungen, déi eng Reaktioun op eng Kris sollte sinn, ee fir alle Mol festgeschriwwen. Dat heescht, den temporäre Charakter gëtt ewechgeholl, mä d'Mesuren, déi dëst Gesetz proposéiert, gi festgeschriwwen. An drëttens gëtt de Maximum u Flexibilitéit an d'Gesetz geschriwwen, deen den europäesche Kader erméiglecht, näämlech eng Referenzperiod vu bis zu véier Méint.

Besonnesch déi zwee lescht Elementer hunn d'Alarmklacke laude gelooss, mä nawell huet d'Konzept vum Aarbechtsminister op den éischte Bléck duerchaus interessant geklongen. Wann d'Referenzperiod, esou heescht et, verlängert gëtt, da gëtt et och zousätzleche Congé fir déi Beschäftegt; ee Prinzip oder eng Philosophie, där mir prinzipiell eis Zoustëmmung kënne ginn. Bei méi geneeër Lektür muss een awer feststellen, datt dat Ganzt guer net esou evident ass, ugefaange bei der Rechnung selwer: méi Congé fir méi Flexibilitéit.

De Minister ass net midd ginn an och am Exposé des motifs ass et ausdrécklech virgerechent ginn, datt an ënner wéi enge Bedéngungen eng Entreprise bei deem neie Modell gagnante ka sinn, wa se d'Referenzperiod op zwee, dräi oder véier Méint ausdeent. Dat heescht, et ass ausgerechent ginn, wat eng Entreprise gewanne kann un Netausbezuele vun Iwwerstonnen, wa se d'Méiglechkeete vun der Referenzperiod benotzt. An et stellt ee fest: Déi Méiglechkeete gëtt et! Et gëtt déi Méiglechkeeten, datt d'Entreprise gewënnt, dat heescht, datt si en rapport zu haut manner Iwwerstonnen urechne muss.

Natierlech ass d'Entreprise net gezwongen, d'Referenzperiod auszeweiden, wa se mierkt, datt et fir si näischt brengt. Mä iwwerall do, wou et Gewënner gëtt, déi manner Iwwerstonnen urechne mussen, do gëtt et och Verléierer. An deem Fall de Salarié, dee manner Iwwerstonnen zegutt huet, souguer wann een déi Stonnen, déi ee bäikritt, iwwert d'Congésdeeg bäirechent, an ouni duerfir awer manner mussen ze schaffen.

An dat ass ee vun den Haaptkritikpunkte vun eis um Gesetz: De Patron verléiert ni bei dëser unilateraler Décisioun, déi hien hëlt. De Salarié kann awer verléieren, souguer mat sengem Surplus u Congé.

Zweetens sinn an eisen Aen ausgeschloss vun dëser Regelung d'Kollektivverträg, wat jo och novollzéibar ass, well d'Sozialpartner sech géigesäiteg op e Modell eenegen. Ausgeschloss sinn awer och déi Leit, déi an engem Betrib schaffen, déi haut schonn en Horaire mobile hunn. Wuelverstanen, d'Période de référence, also d'Flexibiliséierung, kann ausgedeent ginn, mä et entsteet an deene Fäll kee Recht op zousätzlech Congésdeeg. Fir déi betraffe Salariéen, wat wuel besonnesch am Déngschtleeschtungssecteur de Fall ass, ass dat mat Sécherheet zumindest kee Fortschrëtt.

Drëttens kënnt dëst dohier, datt entgéint deem, wat een unhuele kéint, et net déi verlängert Referenzperiod ass, déi d'Recht op de méi Congé opmécht, mä de Plan d'organisation du travail. An deem ka sech justement net nëmmen den Horaire mobile substituéieren, mä de POT selwer kann Ursaach vun Ausenanersetzunge sinn, de POT kann ugefecht ginn, hie kann à la limite suspendéiert ginn, jo souguer zu gewerkschaftlechen Aktioune féieren. Dat heescht, et ass duerchaus denkbar, datt ee mat Situatioune konfrontéiert ass, wou e POT a Fro gestallt ass, mat alle Konsequenzen, déi drunhänken, mä nawell gëllt d'Referenzperiod.

Här President, mir hu gemierkt, datt déi anfänglech Entrüstung vun de Patronatsvertrieder sech entre-temps a ganz iwwerschaubare Grenzen hält. A mir menge pour cause, well se kënnen effektiv eventuell vun deenen neie Mechanisme profitéieren. A wa se dat net maachen, brauche si se och net ze applizéieren. Et ass also net an eisen Aen eng Win-win-Situatioun, mä eng One-winner-for-sure-Situatioun.

An et géife sech och nach aner Froe stellen, wat d'Konsequenze si fir déi Leit, déi méi wéi een Aarbechtsvertrag mussen hunn. Wat bedeit déi dote Flexibiliséierung, d'Erausfuerderung vun der Flexibiliséierung fir si? Kënnen déi iwwerhaapt nach méi flexibel sinn? An am meeschte fält dat jo op Leit, déi am Niddreglounsecteur beschäftegt sinn.

Här President, mir kënnen dëst Gesetz an där doter Form net matdroen, well nieft punktuelle Fortschrëtter, déi et och gëtt, en transitoresche Krisesystem zur allgemenger Regel gëtt, a well d'Géigeleeschtungen - e puer Stonne fräi d'Joer méi - a kengem Verhältnis zur Opportunitéit fir d'Betriber stinn a well et an eisen Aen net op der Héicht ass, fir eng wierklech Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun de Beschäftegten ze beförderen.

Mir hunn an der Kommissioun, an dat ass schonn e puermol ugeklongen, opgrond vun deem ministeriellen Text Proposen entwéckelt, déi mer an der Kommissioun duergeluecht hunn an déi och do zum Vott gestallt gi sinn.

Et si sechs Amendementer, déi mer och hei nach eng Kéier wëllen an d'Diskussioun erabrénge an déi ech lech dann heimadder géif offiziell déposéieren.

Amendement 1

Article 1, point 4 (modification de l'art. L.211-6, paragraphe 2, alinéa 5):

Il est proposé de compléter l'alinéa 5 du paragraphe 2 de l'article 211-6 comme suit:

«, sous la réserve du constat de non-conciliation devant l'Office national de conciliation, saisi selon l'article L.211-7 (2), qui met automatiquement fin à la période de référence.»

Commentaire: Le Conseil d'État se demande comment la délégation ou les salariés concernés pourront remettre en cause une période de référence qui, une fois décidée, risque de rester à l'infini. Il est proposé de faire cesser la durée d'une période de référence par le non-accord sur la contrepartie, le POT, devant l'Office de conciliation. Les parties seront alors à nouveau remises sur un pied d'égalité.

(s.) Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, David Wagner.

Amendement 2

Article 1, point 4 (modification de l'art. L.211-6, paragraphe 2, alinéas 8-11):

Il est proposé au paragraphe 2 de supprimer les alinéas 8-11 et d'ajouter les alinéas 8-10 suivants:

~~En cas d'établissement d'un plan d'organisation du travail tel que prévu à l'article L.211-7 et pour une période de référence ayant une durée entre plus de un mois et deux mois au maximum un congé supplémentaire de un jour et demi par an est dû aux salariés qui sont effectivement concernés par le plan d'organisation du travail en question.~~

~~En cas d'établissement d'un plan d'organisation du travail tel que prévu à l'article L.211-7 et pour une période de référence ayant une durée entre plus de deux mois et trois mois au maximum un congé supplémentaire de trois jours par an est dû aux salariés qui sont effectivement concernés par le plan d'organisation du travail en question.~~

~~En cas d'établissement d'un plan d'organisation du travail tel que prévu à l'article L.211-7 et pour une période de référence ayant une durée entre plus de trois mois et quatre mois au maximum un congé supplémentaire de trois jours et demi par an est dû aux salariés qui sont effectivement concernés par le plan d'organisation du travail en question.~~

~~En cas de besoin et notamment pour les salariés à temps partiel ces jours de congé sont proratisés.~~

«Chaque période de référence ayant une durée entre plus de un mois et deux mois au maximum abaisse la durée normale de travail prévue à l'article L.211-5 à 39 heures par semaine pour chaque salarié effectivement concerné par le plan d'organisation du travail en question.

Chaque période de référence ayant une durée entre plus de deux mois et trois mois au maximum abaisse la durée normale de travail prévue à l'article L.211-5 à 38 heures par semaine pour chaque salarié effectivement concerné par le plan d'organisation du travail en question.

Chaque période de référence ayant une durée entre plus de trois mois et quatre mois au maximum abaisse la durée de travail normale prévue à l'article L.211-5 à 37 heures par semaine pour chaque salarié effectivement concerné par le plan d'organisation du travail en question.»

Commentaire:

1) C'est la période de référence décidée (et non plus l'existence préalable d'un POT) qui ouvre droit à la contrepartie.

2) Il est proposé de remplacer le système du congé supplémentaire annuel (à prendre plus tard) par une baisse du temps de travail pour les travailleurs concernés de 1 à 3 heures par semaine selon la durée de la période de référence (devenant effective tout de suite). Ainsi la semaine de 39, 38 et 37 heures serait introduite pour les salariés soumis à un régime de flexibilité du travail.

(s.) Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, David Wagner.

Amendement 3

Article 1, point 4 (modification de l'article L.211-7, paragraphe 1):

Il est proposé de remplacer l'alinéa 1 par le texte modifié suivant:

Sous peine de nullité de la période de référence, toute entreprise établit ~~en temps utile, et au plus tard cinq jours francs avant le début de toute période de référence visée à l'article L.211-6, un plan d'organisation du travail, couvrant au moins un mois pour toutes les périodes de référence supérieures ou égales à un mois,~~ un ou plusieurs plans d'organisation du travail d'une validité minimale d'un mois pour chacun d'entre eux et couvrant ensemble l'intégralité de la période de référence ~~portant sur l'activité prévisible de l'entreprise au cours du plan d'organisation du travail.~~ Ces plans portent sur l'activité prévisible de l'entreprise au cours du plan d'organisation du travail et sont établis en temps utile et au plus tard cinq jours avant leur entrée en vigueur.

Commentaire: La présence d'un POT (facteur sécurité pour le salarié) est indispensable pour la période de référence (facteur flexibilité pour l'employeur). Il est également exigé que toute la période de référence soit couverte par un ou plusieurs POT.

(s.) Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, David Wagner.

Amendement 4

Article 1, point 4 (modification de l'article L-211-7, paragraphe 2)

Il est proposé d'ajouter un alinéa 5 nouveau de la teneur suivante:

«La même procédure de désaccord s'applique en cas d'absence de plan d'organisation du travail régulièrement introduit, constatée par la délégation du personnel ou, à défaut, par les salariés concernés.»

Commentaire: La délégation ou les salariés concernés pourront non seulement contester un POT qui leur est soumis pour avis, mais également l'absence d'un POT.

(s.) Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, David Wagner.

Amendement 5

Article 1, point 4 (modification de l'article L.211-7, paragraphe 4, 1er alinéa):

Il est proposé de compléter l'alinéa 1er ainsi:

«Dans le cadre d'un plan d'organisation du travail tel que prévu dans le présent article ou d'un horaire mobile négocié d'un commun accord entre l'entreprise et la délégation du personnel ou, à défaut, les salariés concernés tel que prévu à l'article L.211-8 et dans le respect du paragraphe 1 de l'article L-211-12, sont à considérer comme heures supplémentaires au sens des articles L-211-22 et suivants les heures de travail dépassant par mois:»

Commentaire: Le régime de la détermination des heures applicables pour le POT en vertu des alinéas 8 à 10 du paragraphe 2 de l'article L.211-6 doit également s'appliquer pour le régime de l'horaire mobile.

(s.) Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, David Wagner.

Amendement 6

Article 1

Il est proposé d'ajouter un nouveau point 9 de la teneur suivante:

«Le premier alinéa de l'article L.233-4 est modifié comme suit:

La durée du congé est d'au moins vingt-cinq trente jours ouvrables par année, indépendamment de l'âge du salarié.»

Commentaire:

La dernière augmentation du congé annuel date de la réforme du 26 juillet 1975 qui portait le congé annuel à 25 jours pour tous les salariés, indépendamment de l'âge du salarié ou de son ancienneté de service. Cette réforme modifiait la loi du 22 avril 1966 qui avait à l'époque introduit une uniformisation du régime du congé annuel et prévu 18 jours de congé pour tous les salariés du secteur privé.

La réforme de 1975 introduisait également la semaine de 40 heures pour tous les salariés. Le temps de travail hebdomadaire ainsi que le congé annuel sont donc inchangés depuis bientôt 42 ans.

La loi dite PAN de 1999 a pourtant introduit une flexibilisation accrue du travail en défaveur des salariés, notamment à travers des horaires de travail de moins en moins fixes et la disparition insidieuse des limites du temps de travail. Cette flexibilisation ainsi qu'un temps de travail hebdomadaire qui est parmi les plus élevés en comparaison avec les pays voisins conduisent à une pénibilisation accrue du travail et pèsent sérieusement sur la santé et le bien-être d'un nombre croissant de salariés.

Il est également à noter qu'en 2012 le congé annuel dans le secteur privé se situait en moyenne déjà à 27,4 jours (Statec) et donc au-dessus du minimum fixé par la loi de 1975. Les conventions collectives dans certains secteurs ou certaines grandes entreprises prévoient souvent un congé annuel supérieur aux 25 jours prescrits par la loi ce qui fait augmenter la moyenne. En revanche les salariés dans les petites entreprises et les secteurs sans convention collective se retrouvent toujours avec le minimum de congé annuel et sont de plus en plus défavorisés par rapport aux salariés dans les grandes entreprises et/ou concernés par une convention collective.

Une augmentation du congé annuel légal permettrait donc d'améliorer la qualité de vie de beaucoup de salariés.

(s.) Marc Baum, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, Roy Reding, David Wagner.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci.

M. Marc Baum *(déi Lénk).*- Amendementer, wou mir mengen, datt et op där Grondlag, déi de Minister presentéiert huet, Saache méi kloer mécht a kéint derzou bäidroen, datt et e wierkleche soziale Fortschrëtt fir d'Leit wier.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Baum. D'Riednerlëscht ass erschëpft, an den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit, ass schonn um Wee fir op d'Tribün. Dir hutt d'Wuert, Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, effektiv war et e laange Prozess, bis mer zu dësem Kompromëss - an ech betounen nach eemol „Kompromëss" - komm sinn. Mä Dir wësst alleguer, fir e Kompromëss ze fannen, musst Der Parteien hunn, déi bereet sinn, och e bësse Waasser an hire Wäin ze schëdden. Wann een natierlech dervun ausgeet, datt engem seng Fuerderunge mussen zu 100% erfëllt ginn, dann ass an deem Sënn kee Kompromëss méiglech. Da muss ebe probéiert ginn, iwwert déi Situatioun ewech eng Léisung fonnt ze ginn. A wéi dat scho betount ginn ass: Et war wierklech un der Zäit, där doter Diskussioun en Enn ze bereeden an eng Léisung op den Dësch ze leeën.

Firwat ass et menger Meenung no e Kompromëss? Majo, well d'Fuerderung vun deem enge war, haaptsächlech ze soen - an ech contestéieren dat och net -: Mir brauchen e bësse méi Loft. Mir brauchen e bësse méi - obwuel dat Wuert jo e bësse verpöönt och ass - Flexibilitéit, fir de Variatiounen an den Aktivitéiten a ville Betriber besser entspriechen ze kënnen. Dat ass legitimm. Effektiv, ons Ekonomie haut, déi variéiert a ville Secteuren. Déi fonctionnéiert verschidden Zäite méi. Dir hutt also e Besoin, fir lech un déi Variatiounen unzepassen. An dat muss een och kënne géréieren am Betrib.

Dat war net eng Demande vun de Gewerkschaften; wat ech och absolutt verstinn. D'Gewerkschaften hunn ni eng Extensioun vun der Période de référence gefrot. A wa mer haut soen, mir maachen déi Extensioun vun engem Mount op véier Méint, dann ass dat u sech d'Konzessioun gewiescht vun de Gewerkschaften, fir dat ze akzeptéieren, datt mer vun engem Mount op véier Méint ginn.

Eng Parenthèse op: Mir haten an deem Gesetz e komeschen Artikel. An dee komeschen Artikel huet dodra bestanen, datt et méiglech war, bei de Minister ze pilgeren an ze soen: „Voilà, ech hu kee Kollektivvertrag an ech hätt gären eng Période de référence bis sechs Méint." An da war et um Minister ze décidéieren - um Minister ze décidéieren! -, ob déi Entreprise dat géif verdéngen oder net. No engem Consultatiounsmechanismus, wou ech gemierkt hunn, datt d'Jalonen esou gesat waren, datt dat de pure forme war.

Ech si jo der Meenung, datt d'Ministeren net direkt an d'Gestioun vun de Betriber sollen agräifen an net sollen décidéieren: „Du Betrib hues d'Recht, eng Période de référence iwwer e Mount ze hunn, an du Betrib, du hues et eventuell net!" Dat entsprécht net direkt menge Virstellungen. An duerfir hu mer och déi

Méiglechkeet ofgeschaaft. An e bëssen erëm fir den Equiliber, dat heescht ëmmer an där Suerg vum Kompromëss, hu mer déi véier Méint installéiert an net déi dräi Méint, déi laang an der Diskussioun waren, mä wou ech mengen, datt, wann d'Direktiv - dat heite berout jo och zum Deel op der Aarbechtszäitdirektiv - véier Méint virgesäit, véier Méint erlaabt, bon, firwat soll een dann net eventuell och op déi véier Méint goen?

D'Contrepartie - an ech sinn absolutt d'accord, wann een e Kompromëss mécht, da muss een och eng Contrepartie iergendwou liwweren -, déi war d'Aarbechtszäit. Déi war eng Fuerderung, déi, ech mengen, u sech ganz moderat ass, wann ee kuckt, ëm wat et hei geet. Hei geet et ëm tëschent zwielef an 32 Stonne Reduktioun vum Temps de travail maximum, wann een op déi verschidde Modeller vu Flexibilitéit zréckgräift.

Elo liesen ech... Hei ass dat net esou direkt gesot ginn, mä ech wëll awer vun der Geleeënheet profitéieren, fir nach eemol dorop zréckzekommen. Elo liesen ech, datt dat heiten e System wier, deen iwwerhaapt net flexibel wier, deen enorm bürokratesch an administrativ Problemer a Barrièrë géif schafen. Ech perséinlech hunn déi Barrièren net gesinn. Ech hunn éischter fonnt, dee System vu virdrun, wou een huet misse bei de Minister pilgeren... Iwwregens net ganz vill Entreprisen hunn dovu Gebrauch gemaach; emol net 30 am Joer, eng 20 bis 25.

Deen heite System ass ganz einfach. Et ass eigentlech eng Saach, déi sech an der Entreprise ofspillt an dem Chef d'entreprise, dem Employeur, d'Méiglechkeet gëtt ze soen: „Bon, mir sinn an enger Situatioun, wou mer gewësse Variatiounen hunn. Mir mussen eis un déi Variatiounen upassen, also wier fir ons déi beschte Léisung eng verlängert Referenzperiod."

E consultéiert seng Leit, wou ech da soen, wat... Et gëtt ëmmer gesot, de Minister mat der Delegatioun wier eng aner Optioun gewiescht. Ech maachen dann eng zweet Parenthèse op. An da soen ech: Okay, dat war eng Optioun. Éischtens emol, wat hätt d'Gesetz virgeschriwwen als Kompensatioun? Wat hätte mer gesot? Et muss een Zäit en plus ginn, et muss ee méi Salaire ginn. Wivill ass dat? Wier dat och an d'Gesetz komm? Dat heescht, d'Gesetz hätt eigentlech och dat misse virschreiwen, wat u sech Objet ass vun engem Kollektivvertrag.

Wat wier da geschitt, wann d'Leit gesot hätten: „Mir schaffe flexibel, mir wëllen näischt."? An dat wier, soen ech Iech, a ville Fäll de Fall gewiescht. Mir wëssen alleguerten, wéi d'Rapport-de-forcen entstinn a bestinn, besonnesch och nach an deenen Entreprisen, wou et eventuell keng Delegatioun gëtt. An där gëtt et der jo ënner 15. Also, hei ass en Équiliber geschaaft ginn, och wat d'Méiglechkeete vu Flexibilitéit ubelaangt a wat och d'Contrepartien ubelaangt, fir och gewëssen Entreprisen op en nämlechte Standpunkt ze setzen.

E Beispill: Wann ech eng PME hunn - an ech mengen, mir denken hei besonnesch un d'PMEen, un déi kleng Entreprisen -, wëlle mer hei engem Employeur, engem Patron d'Méiglechkeet ginn, wann Der e Secteur huelt, wéi zum Beispill, well den Här Reckinger dat gefrot huet, mentionnéiert huet, e Bäcker. De Bäcker huet am Joer zwou, dräi Perioden, wou e wierklech vill muss drummen, wou d'Geschäft staark leeft. Ben, hei huet en d'Méiglechkeet ze soen: „Wärend deene Perioden, wou ech wierklech e Peak hunn, do hätt ech léiwer eng Période de référence, déi net ee Mount ass, mä zwee Méint. Da kann ech dat équilibréieren, wat d'Leit deen ee Mount méi schaffen, huele se deen anere Mount als Zäit eran." Et ass näämlech net esou, datt déi Stonnen, déi ee méi schafft, net iergendwéi awer kompenséiert ginn, déi huet een näämlech als Fräizäit souwisou hannen zegutt. Et huet ee se net als méi bezuelt oder méi héich Fräizäit zegutt, mä et huet ee se als Fräizäit zegutt.

A wann déi dat mécht, déi PME, a seet: „Ech huelen dräimol am Joer eng Period vun zwee Méint", da ka se 60 Stonnen effektiv guttschreiwen. 60 Stonnen, dat heescht, si kritt eng Flexibilitéit an hire Betrib vu 60 Stonnen iwwert déi dräi Perioden, wou se ka spillen, wou d'Leit e bësse méi schaffen a respektiv awer dee Mount drop manner schaffen.

An dat kascht se, wann ech dat dann esou dierf soen, dat kascht se sechs Stonne Congé méi! De qui se moque-t-on? Wie fënnt, datt dat heiten eng Laascht ass, ënnert där d'Entreprisen hei zu Lëtzebuerg anscheinend zesummebriechen?! Ech mengen, hei erlabe mer enger klenger Entreprise, e bësse méi flexibel ze schaffen, a si gëtt awer eng Contrepartie och en ces termes. An duerfir, mengen ech, ass déi do Debatt séier eriwwer, well u sech ass dat keng Debatt!

Mir hunn awer och nach eppes anescht, wou keen drop higewisen huet direkt: Mir hunn déi Éléments imprévisibles geännert. Och déi waren en permanence Debatt zur Contestatioun, well wat heescht dat, en Événement imprévisible? Wat heescht dat? Fir een ass eppes imprévisibel, fir en aneren absolutt net! An hei hu mer eng Regel. D'Gesetz virdru war esou verklausuléiert, datt natierlech all Interpretatioun, besonnesch déi vum Employeur, ëmmer zougetraff huet. Hei hu mer eng Regel, déi kloer ass, déi objektiv ass an déi einfach ass. Ech soen dir dräi Deeg virdrun: „Du muss anescht oder méi schaffen." Da fänkt et un, eng Iwwerstonn ze ginn. Wann dat virdru gesot ass a virdrun arrangéiert ass, dann ass et keng. D'Flexibilitéit kann net nëmmen an engem Sënn spillen. Och de Salarié muss d'Recht hunn, säi Liewen ze organiséieren. Ech mengen, dat ass vu ganz villen hei virdru scho gesot ginn.

An dat ass de Punkt, mengen ech, wou een och dat Gesetz hei muss gesinn. Mir sinn natierlech besuergt, och de Lëtzebuerger Entreprisen déi Margen ze ginn, wat d'Kompetitivitéit, d'Produktivitéit ubelaangt. Dat ass ganz kloer. Mir wëllen do d'Lëtzebuerger Betriber net defavoriséiere par rapport zu aneren.

Mä nieft der Kompetitivitéit an der Produktivitéit gëtt et och nach eppes anescht, an dat ass d'Wuelbefanne vun de Leit, dat ass d'Wuelbefannen, d'Gesondheet, d'Sécuritéit vun de Leit, mä awer och hir Méiglechkeet, hiert Liewen ze organiséieren, wat mer jo esou gär an onse Riede gebrauchen, deen Équiliber tëschent Vie familiale a Vie professionnelle. Eh bien, hei ass e Gesetz, wat zumindest kloer Barrièrë schaaft an net seet: „Natierlech kënns du schaffen esou vill an esou laang wéi s du vläicht net onbedéngt wëlls, mä wéi eben d'Ëmstänn dat verlaangen." An duerfir sinn och an deem Gesetz hei déi Limitten agebaut, déi Limitte vun 12,5% respektiv 10%.

Éischtens emol, wat ee méi schafft, wat ee méi midd gëtt am Prinzip, wat een och méi a Situatioune kënnt, wou ee manner attentif ass. Dat ass och eng Saach vu Santé, vu Sécuritéit, vu Geforen, a mir wëssen alleguerten, wéi mer an deene leschte Méint eng Zuel vu schlëmmen Aarbechtsaccidenter haten. An ze mengen, ech kéint d'Aarbechtszäit no uewen drécken, souguer dann, wann et e Peak ass, ouni Limitt, an dat iwwer eng länger Zäit ewech - iwwer eng länger Zäit ewech -, dat ass falsch gerechent, well et soll een net mengen, do géif d'Produktivitéit eropgoen. Ech mengen, Verschiddener hunn dat mentionnéiert, do geet d'Produktivitéit ganz schnell no ënnen, an den Absenteismus oder wou d'Leit op eemol krank ginn och.

An duerfir, mengen ech, ass dat heiten och do an deem Sënn en absolutten Équiliber. Aarbechtszäit ass keen Tabu! Ech ka mech ëmmer nëmme wonneren iwwert déi Diskussioun och an anere Länner, wéi schlëmm datt dat wier, iwwert d'Aarbechtszäit ze diskutéieren!

Et ass virdru gesot ginn: Mir hunn en historeschen Trend gehat fir d'Aarbechtszäitreduktioun! An deen Trend wäert net bei deene 40 Stonne respektiv bei manner ophalen, a besonnesch net dann, wa mer kucken, wéi den technologesche Fortschrëtt weidergeet. Nëmme wahrscheinlech iwwer Aarbechtszäitreduktioun brénge mer et fäerdeg, do iergendwéi de Chômage oder den Emploi am Équiliber ze halen. An ech mengen, et ass keng Gesellschaft, déi no Fortschrëtt strieft, déi seet: „Ma neen, jiddweree muss nach e puer Stonne méi dropdrummen!" Dat ass net de But. Mir musse kucken, och do de richtegen Équiliber ze halen.

An iwwregens, wéi dat Gesetz vun 2002 gestëmmt ginn ass, du war eng Motioun an der Chamber, et misst och iwwer Aarbechtszäitreduktioun diskutéiert ginn. Dat ass ni geschitt an deem heite Kontext. Eh bien, elo ass et geschitt, well mir maachen et, och wann déi Aarbechtszäitreduktioun eigentlech relativ modest ausgefall ass.

Mäi leschte Punkt ass deen, fir nach eemol ze soen, firwat et net gutt ass, fir dat doten ze verlageren - a mir hu vill doriwwer diskutéiert - an ze soen: „Dat gëtt eleng am Betrib décidéiert." Éischtens entschäerfe mer..., oder huele mer de Kollektivverträg domat vill Loft aus de Segelen. Wann een dat kann am Betrib diskutéieren a wéi den Här Spautz mengt, en plus dat kombinéiere mat Lounelementer: Majo, firwat soll ech dann nach e Kollektivvertrag maachen, Här Spautz? Dann ass dat jo net méi wichteg! Da kann ech dat jo mat menger Belegschaft oder mat menger Delegatioun arrangéieren. An Dir wësst besser wéi ech, wéi d'Rapport-de-forcen heiansdo an engem Betrib sinn tëschent dem Patron op där enger Säit an der Delegatioun an der Belegschaft op där anerer.

An duerfir wier dat net eng gutt Léisung, fir ze soen, do, wou kee Kollektivvertrag ass, do kann een dat och iwwer en Arrangement maachen, an d'Leit soen dann, ob se léiwer e Centime méi am Salaire hätten oder eng Stonn méi Congé. Dat wier dee schlechte Wee. Hei hu mer e feste Barème, dee fir jiddweree gülteg ass.

An dat Zweet ass: Wat géif da geschéien, wann den Employeur an d'Leit sech net géifen eenegen? Da bleift et bei deem Alen. Dat heescht, mir hunn iwwerhaapt näischt gewonnen! Da geschitt guer näischt! Oder gi mer dann an eng Conciliatioun? Oder... da si mer also schonn an engem System, dee relativ no beim Kollektivvertrag läit. Da geschitt näischt. Jo, dann hu mer natierlech dee But net erreecht. Déi eng Entreprise réusséiert, sech ze arrangéieren, déi aner Entreprise, wou d'Delegatioun méi staark ass, déi réusséiert eventuell ze soen: „Neen, mir wëllen net esou schaffen." Dann hu mer eng total Inegalitéit tëschent de Betriber. An dat, mengen ech, wier net positiv och fir de soziale Fridden an de Betriber!

Ech héieren ëmmer esou vill, wou gesot gëtt: „Ha, de soziale Fridden am Land ass jo net esou optimal" - wann ee mat deem engen an deem anere schwätzt -, „ma an de Betriber geet alles perfekt! Do gi mer ons ëmmer eens!" Tjo, well do vläicht d'Situatioun e bëssen anescht ass. Hei ass e wichtegt Element, vum Fonctionnement vun der Entreprise sinn elo d'Eckwäerter vun dem Gesetz fixéiert, d'Eckwäerter si fixéiert. Wann een iwwert déi Eckwäerter wëllt erausgoen, dann huet een ëmmer d'Optioun - ëmmer d'Optioun -, iwwer e Kollektivvertrag ze fueren, oder näischt ze maachen, wéi dat virdru gesot ginn ass.

A 50% vun den Entreprisen, déi brauchen net méi wéi ee Mount, vläicht emol net ee Mount, wat och méiglech ass. Déi gi mat engem Mount ganz gutt eens. A fir déi geschitt also näischt. Un déi kënnt also näischt, et ass kee Problem do. An dat anert ass relativ einfach: Ech décidéieren dat selwer am Betrib an ech weess, zu wat fir enge Bedéngungen ech dat décidéieren.

An duerfir ass dat Gesetz e gudden Équiliber à la fois vun engem wirtschaftleche Standpunkt, ech hunn et virdru gewisen un deem Beispill vun enger PME, an awer och vun deem sozialen, well d'Leit geschützt ginn. Si ginn net, si kënnen net willkürlech an Aarbechtszäite pousséiert ginn, déi am Endeffekt kengem eppes notzen, weder de Leit, besonnesch net de Leit, nach den Entreprisen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Aarbechtsminister.

Bon, et ass elo un den Amendementen. Duerfir géif ech den Här Baum op d'Tribün bieden, fir se, wann en dat wënscht, ze presentéieren.

Amendements

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Voilà. Merci, Här President. Also sechs Amendementer zum Gesetz, oder zum Gesetzesprojet, mat eigentlech dräi Inhalter: eng Kéier Aarbechtszäitverkierzung, aner Modeller, déi een opweise kann; zweetens den Horaire mobile an drëttens de POT.

Den Här Engel huet virdrun a senger Ried vun „flexicurity" geschwat. An effektiv sinn Elementer an deem heite Gesetz vu Flexibiliséierung, vun enger méi grousser Flexibilitéit a vu Sécherheet. Déi Elementer, dat ass d'Referenzperiod, dat ass d'Element Flexibilitéit, an de Plan d'organisation du travail ass d'Element Sécherheet fir de Salarié.

Doduerch, datt et awer elo esou ass, datt net d'Referenzperiod u sech Droit gëtt zu méi Congé, mä de POT, ergi sech fir eis an eisen Ae Problemer, woufir mer d'Amendementer 1, 3 a 4 eragereecht hunn. Et geet näämlech drëm, datt, wann d'Flexibilitéit do..., oder ëmgekéiert gesot, wann d'Sécherheet net garantéiert ass, dat heescht, wann et Problemer mam POT gëtt, mam Plan d'organisation du travail, datt dann och soll de Facteur Flexibilitéit, näämlech d'Période de référence, ausgesat sinn. Dat ass Amendement 1, wann eng Non-conciliation virum Office national de conciliation festgestallt gëtt; dat ass Amendement 3, fir nach eng Kéier explizitt ze ernimmen, datt och eng Période de référence vu véier Méint, datt all Mount separat en eegene POT muss hunn. An Amendement 4 besteet doranner, fir ze soen, datt d'Prozedur vum Désaccord och da gülteg ass, wann d'Delegatioun d'Absence vun engem POT feststellt. Dat sinn déi dräi Amendementer dozou.

D'Amendement 2 ass eigentlech de Kär vun Iwwerleeunge vu Reduzéierung vun Aarbechtszäit verbonne mat Flexibilitéit. Dat heescht, mir baséieren eis op d'Propositioun vum Minister, just bei eis wier et net Congé, dee méi gëtt, mä d'Wochenaarbechtszäit, d'Moyenne géif erofgoen. Dat heescht, an engem Modell, wou mer d'Referenzperiod op zwee Méint ausweiden, géif et op 39 Stonnen erofgoen, dräi Méint 38, véier Méint 37 Stonnen.

Deeselwechten Ordre d'idées ass en Amendement, datt mer en neie Punkt 9 probéiere beim Artikel 1 ze proposéieren, deen ëm d'Congésdeeg tout court geet, déi am Moment bei 25 Deeg minimum leien, fir déi op 30 Deeg ze héijen.

Et ass eng aktuell Diskussioun ronderëm déi sechst Congéswoch, déi net nei ass. Et ass eng Diskussioun, déi zënter 20 a méi Jore gefouert gëtt. An ech war och voller Freed, wéi ech gesinn hunn, datt an den Debatten 1999 et eng Proposition de loi vum Deputéierte François Bausch ginn ass, déi identesch war mat eisem Amendement, näämlech d'Zuel vun den Deeg op 30 eropzesetzen. Mat deem als Hannergrond a wëssend, datt et natierlech eng grouss gewerkschaftlech Fuerderung ass, denken ech, datt jo hei awer eng ganz Rëtsch Leit deem Amendement 6 missten zoustëmmen.

An den Amendement 5 betrëfft den Horaire mobile, näämlech datt do déiselwecht Regele gëlle sollen, also deen erweiderte Congé mat deem Surplus vun 10% respektiv 12,5%, wéi dat och bei engem Plan d'organisation du travail de Fall ass.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Dozou Wuertmeldungen?

Dat ass net de Fall. Da géif ech Iech proposéieren, iwwert d'Amendementen ofzestëmmen.

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.-* Wann ech gelift, ech wëll eppes soen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Jo, den Här Engel, de Rapporteur.

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.-* Merci, Här President. Mir haten déi doten Amendementen och alleguerten an der Kommissioun. Haut sinn et d'Amendementen 1 bis 6, do waren et d'Amendementen 2, 3, 4, 7, 9 a 14. Si goufe majoritär ofgeleent an der Kommissioun, och nodeems eng ganz Partie Explikatioune vum Ministère a vum Minister koumen, soudass ech géif proposéieren, dass mer se och hei alleguer géifen ofleenen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Keng weider Wuertmeldungen? Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert d'Amendementen iwwergoen, den Amendement 1.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

(Interruption)

Jo, mir huelen dat; d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

2-mol Jo an de Rescht Neen, 57, da gëtt et der vläicht 58. Mir kucken dat um Ofstëmmungsergebnis no. Domat ass den Amendement 1 ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 1 est rejeté par *58 voix contre 2 voix.*

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Laurent Mosar), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen direkt zum zweeten Amendement iwwergoen.

Vote sur l'amendement 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 58-mol Neen. Domat ass den Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Mir géifen zum Amendement 3 iwwergoen, soubal wéi de Computer..., voilà, elo ass et esou wäit.

Vote sur l'amendement 3

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 57-mol Neen. Huet jiddwereen ofgestëmmt?

(Assentiment)

Gutt. Domat ass och den Amendement 3 ofgeleent.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 3 est rejeté par 58 voix contre 2 voix.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zum Amendement 5 iwwergoen.

Vote sur l'amendement 5

D'Ofstëmmung fänkt elo gläich un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

2-mol Jo, 58-mol Neen. Domat ass den Amendement 5 och ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zum leschten Amendement iwwergoen. Dat ass den Amendement 6.

Vote sur l'amendement 6

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

2-mol Jo, 58-mol Neen. Domat ass och dee leschten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de gesamten Text vum Projet de loi 7016 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7016 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt elo un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass mat 32 Jo-Stëmmen, 25 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir sinn dann elo um Enn vun der Sëtzung vun de Moien ukomm. Mir gesinn eis erëm de Mëtten um zwou Auer, fir iwwert deen nächsten aarbechtsrechtleche Projet ze diskutéieren. Merci Iech alleguer an deene Leit, déi eis bis elo suivéiert hunn. Gudden Appetit!

(Fin de la séance publique à 12.19 heures)

SÉANCE 20 JEUDI, 22 DÉCEMBRE 2016

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. 7092 - Projet de loi portant modification des articles L.511-5, L.511-7, L.511-12 et L.631-2 du Code du travail

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Claude Lamberty, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 7053 - Projet de loi portant introduction d'une certification de la durabilité des logements et modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

7054 - Projet de loi concernant la collecte, la saisie et le contrôle des dossiers d'aides relatives au logement

7055 - Projet de loi relative à un régime d'aides à des prêts climatiques

et

7046 - Projet de loi

1. instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

2. modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

- *Rapports de la Commission du Logement sur les projets de loi n°7053, n°7054 et n°7055: M. Max Hahn*
- *Rapport de la Commission de l'Environnement sur le projet de loi n°7046: M. Henri Kox*
- *Discussion générale: M. Marco Schank (dépôt d'une motion), Mme Taina Bofferding, M. Claude Lamberty (interventions de M. Marco Schank, Mme Nancy Arendt et M. Gilles Baum), M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner (interventions de M. Max Hahn et M. Claude Lamberty), M. Yves Cruchten (intervention de M. Gast Gibéryen)*
- *Prises de position du Gouvernement: M. Marc Hansen, Secrétaire d'État au Logement, Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement*
- *Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*
- *Vote sur la motion 1 (adoptée)*

4. Ordre du jour

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

5. 6931 - Projet de loi portant transposition de la refonte du 1er paquet ferroviaire et modifiant